



3. 7199 - Projet de loi

portant mise en œuvre du règlement (UE) n°1286/2014 du Parlement européen et du Conseil du 26 novembre 2014 sur les documents d'informations clés relatifs aux produits d'investissement packagés de détail et fondés sur l'assurance et portant modification de la loi modifiée du 17 décembre 2010 concernant les organismes de placement collectif

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. André Bauler** (DP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Och bei dëser Matière hunn ech mech missen, als een, deen net am Finanzsektor tätig war, aschaffen. Et kléngt heiansdo chineesch. Mä op eemol versteet een awer wierklech, ëm wat et geet. Och de Kollege Merci fir hiert Vertrauen.

Léif Kolleginnen a Kollegen, Här President, beim Gesetzesprojekt 7199 handelt et sech ëm d'Operationaliséierung vum europäesche Règlement 1286/2014 iwwert d'Documents d'informations clés relatifs aux produits d'investissement packagés de détail et fondés sur l'assurance, also deem sougenannten „PRIIPs-Règlement“. PRIIP - P, R, I, I, P - steet fir „Packaged Retail and Insurance-based Investment Products“. Déi Däitsch hunn dat ganz flott an d'Sprooch vum Goethe iwwersat. Do steet de PRIIP fir, ech zitieren: „verpackte Anlageprodukte für Kleinanleger und Versicherungsanlageprodukte“.

Vu dass et sech hei och ëm e Règlement d'application directe handelt, mussen verschidden Artikelen ëmgasat ginn. D'Haaptzil vum PRIIPs-Règlement ass et, d'Verständnis vun de Risiken an de Käschte vun Investissementsproduite fir sougenannt „Retail-Investoren“ ze verbessern, andeems d'Investisseuren an Zukunft en Document d'informations clés oder op gutt Lëtzebuergesch iwwersat e Basisinformatiounsblatt, de sougenannten „KID“ - Key Information Document -, fir Produits d'investissement packagés de détail et fondés sur l'assurance kréien.

Iwwregens soll de KID - K, I, D, also, de Key Information Document - nëmme wesentlech Informatiounen iwwert de Finanzproduit beinhalten a sou fir de Client iwwersiichtlech a liicht ze liese sinn. De KID, also d'Basisinformatiounsblatt, soll virun allem Informatiounen iwwert d'Charakteristike vum Produkt an iwwert de viséierte Marché ginn.

Da soll de KID och opweisen, ob e Kapitalverloscht méiglech ass. E soll also, wéi och schonn ufanks bemierkt, Opschloss ginn iwwert d'Käschten an de Risikoprofill vun engem Produit. De KID soll och kloer Informatiounen ginn iwwert d'Wäertentwécklung souwéi och spezifesch Date liwweren, déi et dem Client erlabe sollen, d'Charakteristike vu verschiddene Produitszorte besser ze verstoen oder ze erfassen.

Wat versteet een ënner Produits d'investissement packagés de détail et fondés sur l'assurance? Ma dëst si Produkter, bei deenen den Montant, deen zum Schluss un den Investisseur zrëckbezuelt gëtt, Schwankungen ënnerläit, well se vu Referenzwäerter oder vun der Entwécklung vun Aktiva ofhänken. Sou sinn ënner anerem Investmentfongen, Liewensversicherungserzeuger mat enger Investitiounsdimension an awer och strukturéiert Finanzprodukte viséiert.

Fir dëst europäescht Règlement ze operationaliséieren, mussen déi zoustänneg Autoritéiten designéiert ginn. D'CSSF kritt hei eng generell Kompetenz a par dérogation gëtt de Commissariat aux assurances déi kompetent Autoritéit fir d'Entitéiten, déi senger Iwwerwaachung, senger Surveillance ënnerleien.

De Projet gesäit dann och d'Pouvoir vir, déi dës Autoritéite brauchen, fir hir Missiounen am Kader vum Règlement PRIIPs auszeüben. Dës Pouvoir sinn dann och no en deene vum Artikel 53 vun der LSF, also der Loi relative au secteur financier.

Des Weidere gëtt och e Sanktiounsregime an e Publikatiounsregime vun dëse Sanktiounen agefouert. Den Niveau vun de Sanktiounen ass en ligne mat deem, wat am Règlement virgesinn ass.

Et gëtt och vun zwou Optiounen Gebrauch gemaach. Engersäits ass virgesinn, dass SICARen a Fongen, déi keng OPCVM sinn, och e KID no de Regele vum OPC-Gesetz vum 17. Dezember 2010 amplaz vun engem PRIIPs-KID kënnen opstellen. Anerersäits kréien d'Autoritéiten

d'Méiglechkeet, d'Ex-ante-Notifikatioun vum KID ze verlaangen.

Et sief nach bemierkt, dass dëse Gesetzesprojekt de 25. Oktober d'lescht Joer bei eis hei am Parlament deposéiert gouf. D'Handelskummer huet hiren Avis den 9. Januar 2018 publizéiert. De Statsrot huet säin Avis den 30. Januar 2018 verëffentlecht. D'Chambre de Commerce hat hiren Avis complémentaire de 27. Februar dëses Joers erausginn. An den Avis complémentaires vum Statsrot koun, wéi och bei deem Gesetzesprojekt vu virduen, de 6. März 2018.

De Statsrot huet a sengem éischten Avis eng Rei Remarque formuléiert. D'Finanzkommissioun huet deem, oder deenen an hire parlamentareschen Amendementer Rechnung gedroen, soudass de Statsrot a sengem Avis complémentaires säin Accord dann och ginn huet.

Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, ech soen lech och hei nach eng Kéier Merci fir d'Nolauschteren a ginn am Numm vun der DP-Fraktioun den Accord fir dëse Gesetzesprojekt.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Dann huet den Här Mosar d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo, och hei e ganz grouse Merci fir de Rapporteur, deen eis dee ganz flotte Projet de loi mat deem nach méi flotten Numm PRIIPs hei am Detail erkläert huet. Mir bleift och soss näischt Weideres ze dinn, wéi nach eng Kéier den Accord vu menger Fraktioun ze ginn.

Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Den Här Fayot huet d'Wuert.

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Merci, Här President. Och vun eiser Säit e Merci un den André Bauler, deen dëse Projet kompetent a komplett presentéiert huet. Do bleift näischt hinzuzufügen.

Ech kann och den Accord gi vun der LSAP-Fraktioun fir dëse Projet de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Den Här Kox huet d'Wuert.

► **M. Henri Kox** (*déi gréng*).- Jo, Här President, selbstverständlech wëll ech och hei dem Rapporteur nach eng Kéier villmools Merci soe fir säi schrëftlechen an natierlech ëmmer säi mëndleche Rapport hei an der Chamber, an ech gi gläichzäitig de Jo vun der grénger Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Den Här Reding huet d'Wuert.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Merci, Här President. Ech kann dem Rapporteur alt nees eng Kéier nëmme felicitéieren, fir hei eng Matière, déi net all Mënsch zougänglech ass, esou klipp a kloer ze verdäitlechen. An et ass alt nees eng Kéier mat Freed, dass ech selbstverständlech den Accord vun der ADR zu dësem Projet bréngen.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Ech liesen aus den Ae vum Här Wagner, dass hien och do dermat d'accord ass. An da ginn ech och dovun aus, dass de Finanzminister dermat d'accord ass.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Jo, natierlech, Här President. Ech géif gär dem Här André Bauler och Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Bericht.

Déi Unanimitéit ass jo ganz gutt an déi Terminologie ass jo ganz komplizéiert, mä ech mengen, et däerf een net aus den Ae verléieren, dass dat, wat hei gemaach gëtt, extrem wichteg ass fir den Investisseur, fir de Client. De Client gëtt hei protegéiert a Produiten, déi am Fong relativ bekannt sinn, ob dat elo eng Part ass, déi een an engem Investitiounsfong keeft, ob dat eng Assurance-vie ass, déi een hëlt, ob dat en titriséiert Instrument ass, alles dat si Saachen, déi all Client ka bei senger Bank eventuell kafen. An do ass et jo berouegend, dass dann de Client déi néideg Informatiounen kritt, dee Key Information Document.

Dat ass also vläicht eppes, wat komplizéiert alles heescht, mä et geet haaptsächlech drëms, de Client ze protegéieren, dass e weess, wat fir eng Risiken en huet, wann e verschidde Produkte keeft. An doriwwer solle mer eis all freeën, dass déi Protektioun grad vun Europa organiséiert ass op eng harmoniséiert Aart a Weis, dass een am ganze Marché unique Informatiounen kritt, déi ausgeglach sinn, déi kohärent sinn. An dat ass gutt fir de Lëtzeburger Client, mä et ass och ganz gutt fir eis Finanzplatz.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci.

Domat kéinte mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7199 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7199 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass fäerdeg.

60-mol Jo. De Projet 7199 ass unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm (par M. Laurent Mosar), Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Claude Wiseler), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Boffending, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Mady Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass och hei d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci.

A mäi klenge Fanger seet mer, dass et elo eriwuer ass mat der Unanimitéit, well mir kommen zum Projet 7163, enger Ofännerung vum Steiergesetz. D'Wuert huet direkt d'Rapportrice, d'Madamm Joëlle Elvinger.

4. 7163 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu, en ce qui concerne le régime fiscal de la propriété intellectuelle, et modifiant la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'évaluation des biens et valeurs («Bewertungsgesetz»)

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **Mme Joëlle Elvinger** (DP), *rapporteuse*.- Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, de Gesetzesprojekt 7163 gouf de 4. August 2017 vum Finanzminister deposéiert. Bei dësem Projet de loi geet et ëm d'Besteuerung vun der Propriété intellectuelle, dem geeschtegen Eigentum. Ier ech op de Projet selwer aginn, erlaabt mer, kuerz de generelle Kontext ze skizzéieren, an dee sech dëse Projet aschreift!

Wéi ëmmer, wann et sech ëm d'Fiskalitéit handelt, huet een nieft dem nationalen Interêt och nach international Contrainten, un déi ee sech hale muss. Dat ass bei dësem Projet net anderschers. Och an der Besteuerung vun der Propriété intellectuelle hu mir op där enger Säit den nationalen Interêt vun der wirtschaftlecher a steierlecher Kompetitivitéit vun eisem Land an op där anerer Säit déi international Contrainten. Et gëllt also erëm, e Balanceakt tëscht deenen zwee fäerdeggebréngen.

Här President, d'Propriété intellectuelle ass ouni Zweifel e wichtige Facteur fir eis Wirtschaft, sief et op nationalem oder europäeschem Niveau. Innovatioun, Fuerschung an Entwécklung sinn doriwwer eraus d'Basis, fir laangfristeg eng Économie du savoir opzebauen, sou wéi dat zum Beispill och déi europäesch Strategie fir 2020 virgesäit.

Evidenterweis steet dat och an engem direkten Zesummenhang mat deem sou oft genannte qualitative Wuesstum, deen net op weidere Ressourceverbrauch soll setzen, mä op gesteigert Produktivitéit, Innovatioun an héich qualifizéiert Aarbechtskräften. Aus deem Grond ass et wichteg, den Entrepreneuren hei zu Lëtzebuerg déi richteg Ureizer ze ginn, fir nach méi an d'Fuerschung ze investéieren, besonnesch och virum Hannergrond, dass d'Investissementen

am Privatsektor zrëckginn, wat d'Recherche an d'Entwécklung betrëfft.

Den ale Regime vun der IP-Box vum Artikel 50bis gouf mam Budgetgesetz fir 2016 ofgeschaaft, Dëst mat enger Iwwergangsperiod vu fënnf Joer. Während där Zäit kënnen zwar all déi Aktiven, déi virum 1. Juli 2016 registréiert gi sinn, weiderhi vun enger steierlecher Erliichterung profitéieren, mä et kënnen ebe keng nei méi derbäikommen. Mat dësem Gesetzesprojekt ginn déi abrogéiert Dispositiounen duerch den neien Artikel 50ter ersat. Lëtzebuerg kritt also en neien IP-Regime. Dëse soll natierlech den internationalen Normen an der Matière entsprechen, virun allem deene vun der OECD.

Här President, Lëtzebuerg, dat hu mer entretemps geléiert, huet am Endeffekt méi dovun, „compliant“ ze sinn, eng transparent a fair Steierpolitik ze maachen, wéi de Risiko anzegoen, fir spéider op enger schwaarzer Lëscht ze stoen. Fir ze verhënnern, dass Bréifboittgesellschaften an engem Land gegrënnt ginn, fir vu steierleche Virdeeler ze profitéieren, huet d'OECD de BEPS, also Base Erosion and Profit Shifting, lancéiert. Aus deem Aktionsplang geet déi sougenannt „nexus approach“ ervir, op Franséisch „approche du lien modifiée“.

Wat heescht déi nei Approche elo fir d'Besteuerung vun der Propriété intellectuelle? An Zukunft muss eng „activité substantielle“ an deem Land existéieren, an deem d'Propriété intellectuelle besteiert gëtt. Eng substanzuell Aktivitéit setzt zwou Saache viraus: Zum enge mussen et Ausgabe sinn, déi an engem direkten Zesummenhang mat Recetten aus der Propriété intellectuelle stinn. Zum anere mussen dës Ausgaben och vum Steuerzueler selwer gemaach gi sinn.

De Gedanken ass also ganz kloer deen, dass een nëmme vun enger steierlecher Erliichterung op Revenue vun der Propriété intellectuelle profitéiere kann, wann ee selwer och an d'Fuerschung an an d'Entwécklung investéiert huet, an dat och nëmme an deem Land, an deem tatsächlech e Mehrwert geschaaft ginn ass.

Allerdéngs ass et méiglech, dass eng Firma, déi zum Beispill hire Siège social zu Lëtzebuerg huet, hir Recherche an engem anere Land vum Espace économique européen maache léisst, wou dëse Betrieb en Établissement stable huet. Dës Ausgabe kënnen dann awer als Dépense éligible considéiert ginn, ënnert der Bedingung, dass ënner anerem op Basis vun engem Steieroffkommen dem Contribuable zu Lëtzebuerg d'Ausgaben attribuéiert ginn.

Den neie Steierregime gëtt iwwert den Artikel 50ter vum Gesetz iwwert den Impôt sur le revenu agefouert. An deem Artikel gëtt ganz genee definéiert, ënner wat fir enge Konditiounen een en Deel vu senger Steieren an dëser Matière kann ofsetzen.

Ech wëll lech nach kuerz verschidden Hauptpunkten illustréieren, wéi deen neie Regime funktionéiert. Als Éischt de Champ d'application: Am Géigesaz zum ale Regime sinn nach just ganz bestëmmt Aktiven eligibel. De Champ d'application ass also e Stéck méi kleng ginn. Haaptsächlech Breveten au sens large a Logicielle sinn nach eligibel, während zum Beispill Marken, Zeechnungen a Modeller et net méi sinn.

Am Kontext vun dësen Actifs éligibles entstinn Ausgaben an och Revenuen, vun deenen alt erëm verschiddener eligibel sinn an anerer net. D'Rechnung, déi herno gemaach gëtt, multiplizéiert d'Revenuen éligibles mat engem Ratio, dee sech zesummesetzt aus den Dépenses éligibles als Numérateur an den Dépenses totales als Dénominateur. Vun där Zomm, déi bei dëser Rechnung erauskënnt, sinn dann 80% exoneréiert.

Dir gesitt, Här President, et ass effektiv eng zimlech technesch Geschicht. An duerfir wëll ech elo net weider an den Detail goen. Ech verweisen duerfir awer gären op mäi schrëftleche Rapport fir weider Explikatiounen.

Wat d'Avisen dann ugeet, ass den Avis vun der Chambre des Salariés den 10. Oktober verëffentlecht ginn an dee vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics den 9. Oktober 2017. D'Chambre de Commerce huet hiren Avis den 3. November 2017 publizéiert. An no engem Amendement gouvernemental vum 15. Dezember d'lescht Joer huet d'Chambre des Métiers dunn hiren Avis den 12. Januar 2018 erausginn. An d'Chambre de Commerce huet nach en Avis complémentaire gemaach, deen de 15. Januar publizéiert ginn ass.

De Statsrot huet a sengem Avis vum 6. März 2018 déi eng oder aner Fro opgeworf, mä awer keng Opposition formelle ausgeswat a prinzipiell säin Accord ginn. Och hei fannt Dir d'Detailer a mengem schrëftleche Rapport.



Ofschléissend kann een awer festhalten, dass mir mat dësem neie Regimm steierlech widerhi kompetitiv an attraktiv bleiwen a gläichzäiteg d'Investitioun an d'Innovatioun förderen. Dat steet engem Land wéi Lëtzebuerg sécherlech gutt zu Gesiicht.

Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, mir bleift da just nach, e ganz, ganz grouse Merci lasszeginn un de Finanzminister, un den Här Carlo Fassbinder vum Finanzministère a seng ganz Equipp.

Iech soen ech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn och den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Rapportrice. D'Wuert huet den Här Laurent Mosar fir d'CSV.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, ech wëll ufänken och mat engem ganz grouse Merci un d'Rapportrice, déi eis hei en technesch komplexe Projet am Detail virgestallt huet. A wéi gesot, duerfir och vun eiser Säit hir e ganz grouse Merci fir hiren Engagement.

De Projet de loi, dee mer haut de Mëtten hei diskutéieren a sollen ofstëmmen, ass also déi faméis IP-Box. Ech mengen, de Projet ass och an där doter Terminologie dobausse bekannt. Et ass u sech en extrem wichtige Projet fir de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg. Ech mengen, datt mer allegueren och domadder averstane sinn.

Et ass e Projet, wou et ëm d'Propriété intellectuelle geet. A just fir Iech awer do zwee, dräi Wieder och iwwert d'Importenz vun der Propriété intellectuelle hei ze ginn, mengen ech, ass dat international an europäesch gewosst, datt d'Propriété intellectuelle e Schlëselfacteur vum Wirtschaftswuesstum ass.

A wann ech och nëmmen am Projet de loi kucken, och am Exposé des motifs fënnt een déi Zuelen erëm, déi eigentlech impressionnant sinn: Eleng an der Europäescher Unioun schaffen iwwer 82 Milliounen Mënschen an deem Secteur, direkt oder indirekt. Do gesäit een och, wat dat duerstellt. Also bal ee Fënnfël vum de Bierger an der Europäescher Unioun hunn direkt oder indirekt eppes mat Droit-intellectuellen ze dinn.

Mä och fir eist Land ass dee Projet vun enger ganz, ganz grousser Bedeitung, natierlech och am Kontext - an ech mengen, mir sinn eis do ëmmer och eens - wat d'Diversifikatioun vun eiser Wirtschaft ubelaangt. Ech mengen, mir ënnerträchen all Kéiers, wa mer Rieden halen, wéi wichteg et ass, datt mer e bësse lasskomme vun deem grouse Gewiicht, datt d'Finanzplaz an deem Land huet. An duerfir, d'Diversifikatioun vun der Wirtschaft ass wichtig an d'Droit-intellectuelle sinn och hei e fundametaalt Element.

Dann ass awer och wichteg, ganz besonnesch fir Lëtzebuerg: Hei geet et och ëm d'Recherche an d'Innovatioun. Mir wëssen allegueren och, datt mer op déi Recherche an déi Innovatioun ugewise sinn. A Recherche an Innovatioun hunn natierlech och direkt e Lien mat Droit-intellectuellen, mat Brevet, Marken an all Zorte vun Inventiounen.

An dann en drëtt Element nach, firwat et fir Lëtzebuerg extrèmement wichteg ass, dat ass dee ganze Beräich och elo vu Space Mining, Space Resources. Och do si mer natierlech op eng gutt Gesetzgebung ugewisen, wat d'Droit-intellectuellen ugeet.

Fir dann awer elo op de Projet de loi anzegoen, wëll ech nach eng Kéier rappeléieren, datt d'Budgetgesetz fir d'Joer 2016 am Dezember 2015 a sech den Artikel 50bis, de fréieren Artikel also, den d'Droit-intellectuelle regelt, ofgeschaaft hat, deemools ouni Ersatz, en Element, wat och oft, och am concernéierte Secteur, fir Kritik gesuergt huet.

Ech muss dann och fir d'Alleréischts hei feststellen, datt ech fannen, datt et extrèmement laang gedauert huet, ier d'Regierung mat engem Projet de loi komm ass. Notamment wann ee weess, Här President, datt jo eigentlech schonn 2013 respektiv 2014 gewosst war, datt mer dee 50bis net méi kéinten an där Form bäibehalen, muss ech e bësse bedauern, datt et da bis 2017 respektiv elo 2018 gedauert huet, ier d'Regierung do mat engem anere Projet komm ass. Notamment wann ee weess, datt all déi aner Länner, mat deene mir a Konkurrenz stinn, an ech brauch se net allegueren opzezielen, elo scho säit enger Rei vu Méint a Joren a sech hei e Gesetz hunn, wou mir also ganz kloer e Konkurrenzretard wäerten hunn.

Dann eng zweet generell Kritik, déi ech hei och wollt virbréngen, op déi ech awer nach e bësse méi am Detail aginn, ass, datt mir eigentlech fannen, datt hei eng minimalistesch Ëmsetzung

gemaach ginn ass vun enger Direktiv, déi eis vill méi Méiglechkeeten erlaabt hätt.

An ech wëll och do awer nach eng Kéier op déi éischt Sitzung agoen, wou mer konnten iwwert de Projet de loi schwätzen. Dat war den 19. Januar, wéi dunnt déi zoustänneg Beamten eis dee Projet virgestallt hunn. Dozou muss ech eigentlech soen, datt iwwer all Reien, net nëmmen an den Oppositionsreien, mä och an de Majoritéitsreien, eigentlech eng grouss Enttäuschung virgeherrscht huet,...

► **M. Eugène Berger (DP).** - Nee, mir hunn eis Froe gestallt.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - ...wat de Projet betrëfft. An ech ka mech...

► **M. Eugène Berger (DP).** - Mir hunn eis Froe gestallt, awer keng Äntwerte kritt.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Ech ka mech erënneren, datt souwuel de President vun der Finanzkommissioun wéi och aner Membere sech herno virun de Mikroe vun der Lëtzebuerger Press eigentlech éischter enttäuscht ausgedréckt hunn iwwert déi Aart a Weis,...

► **M. Eugène Berger (DP).** - Dir interpretéiert dat falsch, Här Mosar!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - ...Här Berger, iwwert déi Aart a Weis,...

► **M. Eugène Berger (DP).** - Mir hu gesot, et géife Froen opbleiwen a mir géife kucken, déi ze beäntweren.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - ...wéi dee Projet hei ëmgesat ginn ass. Leider Gottes...

(Interruption)

Leider Gottes huet déi Enttäuschung net laang ugehalen, dunnt an der nächster Sitzung ass op eemol d'Enttäuschung bei verschiddene Leit an eng grouss Begeeschterung ëmgekiert.

Ech wollt awer hei elo nach eng Kéier op déi Punkten agoen, wou mir mengen, datt d'Regierung hätt kënne méi wäit goen. An ech wëll och do nach eng Kéier déi Amendementen deposéieren, déi mer schonn eng Kéier an der Finanzkommissioun eng éischte Kéier deposéiert haten, wou se awer ofgewise gi sinn. Well ech mengen, datt och déi Amendementen eigentlech kloer weisen, wou een hätt kënne méi wäit goen.

Ech wëll och do direkt betounen, datt déi Amendementen 100%eg konform si mat OECD- an EU-Standarden. Dat heescht, alles dat, wat mir proposéieren, geet iwwerhaupt net iwwert d'Direktiv eraus. An déi dote Propositione fanne sech d'ailleurs integral souwuel am iresche wéi och am hollännesche Gesetz erëm.

Wat sinn awer elo fir eis haaptsächlech déi zwee grouss Punkten, wou mer mengen, datt hätt kënne méi geschéien? Dat eent ass natierlech, datt d'Gesetz virgesäit, oder d'Direktiv virgesäit, datt een hätt kënnen eng drëtt Kategorie vu sougenannten Droit-intellectuelle schafen. Dat steet also expressément an der Direktiv. Hei wëll ech och nach eng Kéier drun erënneren, datt besonnesch fir Kleng- a Mëttelbetriber dës drëtt Kategorie vu sougenannten Droit-intellectuelle wichteg wier.

Firwat? Et ass net all Entreprise, déi direkt kann e Brevet deposéiere goen. Eischters ass dat mat engem gewëssene Käschtepunkt verbonnen. Et kënnt awer och en aner Element derbäi: datt et ganz vill Inventiounen gëtt, déi net onbedéngt zu engem Brevet féieren, déi awer e gewëssene Wäert hunn, déi och kënnen als Mark oder als soss eppes deposéiert ginn. Ech denken notamment, an ech kommen herno nach eng Kéier drop zrëck, un déi nei Technologien.

Hei ass einfach alt erëm eng Kéier d'Chance verpasst ginn, ganz besonnesch eppes fir déi Kleng- a Mëttelentreprisen ze maachen. An ech liesen Iech d'ailleurs och do vir, wat de Statsrot justement op der Säit 2 doriwwer seet, e seet also: «Le Conseil d'État note qu'un régime particulier pour les petites et moyennes entreprises n'a pas été prévu.» A justement dat ass déi drëtt Kategorie vun Droit-intellectuellen, déi also hei net virgesinn ass.

Mir wäerten also an engem Amendement proposéieren, datt een och déi dote Kategorie vun Droit-intellectuelle mat eranhëlt. Ech wëll dann och direkt awer op déi Kritik agoen, déi da par rapport zu deem Amendement vun der Regierung formuléiert gëtt, fir ze soen: „Jo, mir hätten dat jo gemaach, mä mir hunn e Problem zu Lëtzebuerg, well mir hu keng Autoritéit, déi esou Inventiounen kéint zertifizéieren.“ Wat richteg ass, well ech mengen, datt d'Steierverwaltung déi dote Roll net kéint iwwerhuelen. Allerdéngs hätt ee sech parfaitement kënne virstellen, datt een esou eng Autoritéit en place gesat hätt zum Beispill um Niveau vum Wirtschaftsministère. An ech kann duerfir och net akzeptéieren, datt dat net gemaach ginn ass.

Mir wousste vun 2013, 2014 un, datt dat dote géif op eis zoukommen. Mir woussten och, wat d'Direktiv eis do fir Méiglechkeete géif opmaachen. Firwat hu mer net direkt 2013, 2014 ugefaangen, esou eng Autorité régulatrice och fir déi doten Zort vun Inventiounen en place ze setzen? Esou wéi iwwregens, Här Minister, d'Iren dat gemaach hunn. Do kann een also elo net soen: „Jo, mir hätten dat oder mir mussen dat nach maachen.“ Mir hate ganz einfach hei dräi, véier Joer Zäit. A mir hunn et an deenen dräi, véier Joer - oder d'Regierung - net fäerdegbruecht, fir dat en place ze setzen.

Dann deen zweete Punkt, an do muss ech soen, datt dat mech eigentlech nach méi erstaunt: datt d'Regierung déi Méiglechkeet, déi d'Direktiv hir gëtt, net geholl huet. An do geet et eigentlech ëm d'Applikabilitéit vun deenen Dispositiounen op Länner, déi net am Espace économique européen dra sinn.

Ech ginn Iech do vläicht e konkret Beispill, well et ass eng komplizéiert Matière, déi net ëmmer ganz einfach verständlech ass. Mir hunn am Moment Dispositiounen, esou wéi se elo am Text stinn, déi maachen et méiglech, datt, wann eng Entreprise, déi zu Lëtzebuerg Aktivitéiten huet an déi zum Beispill an Däitschland Aktivitéiten huet, déi an der Recherche tätig sinn an déi et ee Moment da mat hirer Recherche fäerdegbréngen, e Brevet ze entwéckelen, déi da kënne vun deene steierleche Moossname profitéieren, 100%eg, egal ob elo - wat weess ech? - 30%, 40% an Däitschland gemaach gi sinn a 50% oder 60% hei zu Lëtzebuerg.

Elo kënnt awer de Rescht, also alles dat, wat Länner ausserhalb vum Espace économique européen betrëfft. A besonnesch hei zu Lëtzebuerg mengen ech, datt dat en extrem wichtige Punkt ass. Firwat? Mir hunn eng ganz Rei wichteg Entreprises aus de Vereenegte Staaten hei an dësem Land. Ech denken nëmmen u Goodyear, ech denken un DuPont de Nemours, mir wëllen an Zukunft Google heihinnerkreien.

An elo ginn ech Iech e Beispill: Ganz besonnesch eng Entreprise wéi Goodyear, déi enorm vill, Här Minister, an der Recherche maachen, déi och ganz vill an der Recherche hei zu Lëtzebuerg maachen, wann elo - an esou fonctionnéiert dat eben, eng Recherche gëtt net exklusiv nëmmen op engem Standuert gemaach, dat ass esou - also hei zu Lëtzebuerg 90% vun der Recherche gemaach ginn an 10% ginn an Amerika gemaach, da kann déi Firma net vun dësem Gesetz profitéieren.

Wann also elo muer Google heihinnerkëent an déi maachen hei eng Recherche zesumme mat Google an de Vereenegte Staaten, a wann och nëmmen 1% vun där Recherche an de Vereenegte State gemaach gëtt, da ka Google an Zukunft net vun dësem Gesetz profitéieren. An ech muss Iech einfach soen, fir mech ass dat onverständlech. Dat hätte mer kënnen an d'Gesetz aschreiwen, gradesou wéi d'Hollänner a wéi d'Iren dat gemaach hunn.

Ech hunn dem zoustänneg Beamten, deen iwwregens eng ganz gutt Aarbecht geleescht huet, déi Fro an der Kommissioun gestallt, firwat datt mer dat net dragesat hätten. Dunn hunn ech als Äntwert kritt: „Aus budgetäre Grënn!“ An do muss ech soen, dat ass awer fir mech net akzeptabel, wa mir an der Recherche, wat liewenswichtig fir dëst Land ass, dann aus budgetäre Grënn esou eng Dispositioun net an eist Gesetz aschreiwen.

Duerfir wäert ech och nach eng Kéier deen doten Amendement hei deposéieren, well ech wierklech mengen, datt mer all Interêt hunn, zumindest op deem dote Punkt méi wäit ze goen an eis zumindest op den Niveau vun eisen direkte Konkurrente wéi Holland an Irland ze setzen. Well wat soen dann elo d'nächste Kéier Goodyear an DuPont de Nemours? Ma déi kommen net méi op Lëtzebuerg mat hirer Recherche. Déi gi léiwer an Irland an an Holland an Zukunft, well se do einfach e bessere Regimm wäerte kréien.

Här President,...

(Interruption)

Ech hat eigentlech d'Impressioun, datt och déi Amendementer, déi mer do proposéiert hunn, awer bei verschiddene Kollegen, déi net der Opposition ugehéieren, eigentlech als relativ sympathesch ugesi gi sinn. Notamment bei de Kollege vun der DP hat ech eigentlech d'Gefill, datt se net onbedéngt do dergéint wäeren, notamment hire President. Ech muss Iech allerdéngs soen, an do kommen ech awer wierklech net derlaanscht, ech muss mech hei e bëssen...

(Interruption)

Ech muss mech hei e bësse mat der LSAP beschäftegen.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Well et ass ganz schwéier, et ass ganz schwéier...

(Brouhaha)

...eigentlech erauszefannen, wat d'Positioun vun der LSAP ass. An elo lauschtert awer ganz gutt no, den eminente Finanz- a Wirtschaftssprecher vun der LSAP huet, an ech hu mer dat erauslafe geloos, bei RTL par rapport zu den Amendementer, déi mir erabréngen, Folgendes gesot, an ech zitéieren den Här Franz Fayot: „Déi Amendementer vun der CSV“, also déi zwee, déi ech elo hei wäert deposéieren, „si fir eis am Fong erëm e Retour op eng al Politik aus den 80er, 90er Joren, wou mer am Fong eng zimlech opportunistesch an affaristesche Attitüd hate mat der Fiskalitéit a wou mer dem Land grouse Reputatiounsschued domadder bruecht hunn.“ Dat seet den Här Franz Fayot, eminente Wirtschaftsexpert vun der LSAP.

► **Une voix.** - Also ech sinn...

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Den Här Wirtschaftsminister - lauschtert mer gutt no! -, deem ech ganz genau déiselwecht Propositione gesot hunn, äntwert mer viru 14 Deeg, dräi Wochen, wéi ech e gefrot hunn, firwat datt mer dat doten alles net gemaach hätten - lauschtert gutt no! -: „A fir dem Här Mosar op seng Fro ze äntweren, ech mengen“, seet den Här Schneider, „datt dat schonn eng interessant Saach wär, dass mer dat dote sollte maachen.“ Här President, dat seet den Här Etienne Schneider, datt mer et sollte maachen. „Et ass awer esou“, da gëtt den Här Berger zu Recht zitéiert, „wéi den Här Eugène Berger gesot huet, dass een esou eng Autoritéit net vun haut op muer aus dem Stee klappt“, datt dat also elo enk gëtt, fir dat nach virun de Wahlen ze maachen. An da seet den Här Etienne Schneider virun: „Ech wäert him awer versprechen“, - mir - „dass ech dat an der nächster Legislaturperiod...“

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - „...da wäert ëmsetzen.“ An dann, lauschtert gutt no: „A falls ieren de Wieler mer déi Chance net sollt ginn“, seet den Här Schneider, „da wäert ech Iech“ - mech - „drun erënneren, datt Dir et selwer sollt maachen.“ Wieder vum Här Etienne Schneider, wou ech also elo muss froen:...

(Brouhaha)

...Wat ass dann elo d'Positioun vun der Lëtzebuerger Sozialistischer Aarbechterpartei? Ass dat déi vum eminenten...

(Brouhaha)

...Wirtschaftssprecher Franz Fayot oder ass et déi vum Här Etienne Schneider?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Den Här Schneider ass dach kee Sozialist!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Ech kommen zum Schluss, Här President. Ech mengen, datt dat hei wierklech e ganz, ganz wichtegt Gesetz ass. Mir allegueren schwätze permanent vun enger Digitaliséierung vun eiser Wirtschaft. D'Regierung schwätzt permanent vu Rifkin, schwätzt vu Space Mining, schwätzt vu FinTech. D'lescht Woch hate mer eng Diskussioun iwwert d'Blockchain-Technologie. Mir, an déi gréng Kollege ganz besonnesch, schwätzen extrem vill vun Ëmwelttechnologien.

(Interruption)

All dës Tech... Jo, mir och, bien entendu.

(Exclamations et interruption)

All dës Technologien - lauschtert no, Madamm Loschetter, lauschtert mer no! -, all dës Technologie sinn Technologie vun der Zukunft. Déi setzen awer eppes viraus: Déi setzen nämlech Kreativitéit...

(Interruption)

...an Erfindergeescht viraus. An ech soen Iech: Mir brauche virun allem, wa mer all déi Technologien do wëllen heihinnerkreien, déi Käpp, déi déi Kreativitéit an deen Erfindergeescht hei op Lëtzebuerg bréngen. An do muss ech Iech awer soen, datt déi Leit nëmme kommen, wann d'Ramebedéngunge stëmmen. An zu de Ramebedéngungen, ob engem dat nu gefält oder net gefält, gehéiert leider Gottes och de fiskalesche Kader. An duerfir hu mir alt erëm eng Kéier d'Impressioun, Här President, datt hei eng Chance vun dëser Regierung verpasst gëtt. Eng Chance, fir op en Zuch ze klammen, deen also elo wäert ouni Lëtzebuerg fortfueren a wou erëm eng Kéier verpasst gëtt, eist Land op d'Kaart vun der Propriété intellectuelle ze setzen. Dat bedauere mir. An duerfir wäerte mir eis och beim Vott iwwert dëse Projet de loi enthalen.



Amendements 1 et 2

Amendement 1 concernant le point 1 du paragraphe 1^{er} de l'article 1^{er}

Il est proposé d'amender le point 1 du paragraphe 1^{er} de l'article 1^{er} via l'ajout d'un point c) prenant la teneur suivante:

«[...]

c) un actif de propriété intellectuelle dans le chef d'un contribuable faisant partie d'un groupe dont le chiffre d'affaires mondial n'excède pas 50 millions d'euros et dont les revenus bruts issus de la totalité des actifs de propriété intellectuelle ne dépassent pas 7,5 millions d'euros par an sur la base d'une moyenne établie sur cinq ans, caractérisé par sa nature non évidente, utile et nouvelle, certifié comme tel par un processus transparent de certification réalisé par un organisme gouvernemental compétent indépendant de l'administration fiscale à déterminer par règlement grand-ducal»

Amendement 2 concernant le point 3 du paragraphe 1^{er}

Le point 3 du paragraphe 1^{er} de l'article 1^{er} prend la teneur suivante:

«3. „dépenses éligibles“, la somme des dépenses nécessaires aux activités de recherche et développement, en rapport direct avec la constitution, le développement, ou l'amélioration d'un actif éligible, en ce compris les dépenses encourues par (i) un établissement stable générant un actif de propriété intellectuelle éligible et des revenus y relatifs à attribuer au contribuable en vertu d'une convention tendant à éviter les doubles impositions et dans une proportion telle que déterminée par l'application des règles de prix de transfert pour autant que cet établissement stable celui-ci soit situé dans un Etat partie à l'Accord sur l'Espace économique européen (EEE) autre que le Luxembourg ou dans un Etat tiers avec lequel le Luxembourg a conclu une convention tendant à éviter les doubles impositions renfermant une clause sur l'échange d'informations substantiellement conforme à l'article 26, paragraphe 1^{er} du modèle de convention OCDE ou que, faute d'une telle clause, l'échange d'informations en matière fiscale substantiellement conforme à l'article 26, paragraphe 1^{er} du modèle de convention OCDE soit assuré en vertu d'un accord bilatéral ou multilatéral spécifique, qu'il soit opérationnel au moment de la réalisation du revenu éligible et qu'il ne bénéficie pas d'un régime fiscal de propriété intellectuelle similaire dans l'Etat dans lequel il est situé et (ii) une société résidente ou un établissement stable indigène faisant partie d'une intégration fiscale avec le contribuable qui exploite le droit de la propriété intellectuelle, et qui sont faites par le contribuable pour des activités de recherche et de développement effectuées par le contribuable lui-même, ou sont payées par le contribuable:

a) à une entité qui n'est pas une entreprise liée; ou

b) à une entreprise liée pour autant que cette entreprise verse les rétributions obtenues sans marge à une entité qui n'est pas une entreprise liée.

Ne constituent pas des dépenses éligibles:

i) les coûts d'acquisition;

ii) les intérêts et frais de financement;

iii) les coûts immobiliers;

iv) les autres coûts qui ne se rattachent pas directement à un actif éligible.

Par exception au point iv) qui précède, les dépenses engagées dans le cadre de la recherche et développement générale ou spéculative ou les dépenses de recherche et développement n'ayant pas abouti directement à la création d'un actif éligible peuvent néanmoins être prises en compte comme dépenses éligibles à condition que le contribuable établisse un lien entre ces dépenses et un actif éligible spécifique ou qu'il justifie une répartition proportionnelle de telles dépenses entre les actifs éligibles quant au principe et quant au montant sur base de documents probants.

Les dépenses éligibles sont à prendre en compte au moment où elles sont encourues, quel que soit leur traitement comptable ou fiscal;»

Motivation des amendements

Concernant la troisième catégorie d'actifs:

Le rapport final de l'action 5 BEPS prévoit l'éligibilité d'une troisième catégorie d'actifs à des régimes fiscaux préférentiels de propriété intellectuelle. Cette catégorie vise notamment les actifs de propriété intellectuelle issus d'activités innovantes entreprises par des PME et est soumise à moins de formalisme juridique. En effet, l'actif ne doit pas être nécessairement protégé mais certifié

comme «non évident, utile et nouveau» par un organisme gouvernemental compétent indépendant de l'administration fiscale.

Seraient entre autres compris dans cette catégorie au regard de la nouvelle loi, les secrets d'affaires tels que protégés par les directives et règlements de l'Union européenne, notamment la directive du 8 juin 2016 sur la protection des savoir-faire et des informations commerciales non divulgués (secrets d'affaires) contre l'obtention, l'utilisation et la divulgation illicites, pour autant que ces savoir-faire et secrets d'affaires soient non évidents, aient une application pratique, industrielle ou artisanale, et qu'ils soient nouveaux.

De plus, l'ajout de cette catégorie est cohérent avec la politique gouvernementale de diversification de l'économie et de soutien aux PME innovantes. Il est indispensable que le Gouvernement fasse part de sa volonté d'inclure ces actifs dans le nouvel article de loi.

L'organisme gouvernemental compétent en charge de la certification pourra être désigné ultérieurement par le ministère ayant la propriété intellectuelle dans ses compétences et pourra être confirmé via un règlement grand-ducal.

Concernant les dépenses éligibles:

Premièrement, l'amendement vise à prendre en considération le paragraphe 33 du rapport final de l'action 5 BEPS qui prévoit en effet que des dépenses effectuées par un établissement stable étranger peuvent faire du revenu gagné par le siège social un revenu éligible, à condition que l'établissement stable en question soit en activité au moment où ce revenu est gagné, et ce sans égard quant à la localisation géographique de cet établissement stable.

Ainsi, afin d'éviter toute discrimination envers des investisseurs non européens dont certains sont de très importants investisseurs au Luxembourg, il semble nécessaire de considérer comme éligibles les dépenses de recherche et développement encourues par tout établissement stable situé dans un pays avec lequel le Luxembourg a conclu une convention tendant à éviter les doubles impositions.

Deuxièmement, l'amendement vise à permettre aux activités de recherche et développement externalisées à des sociétés résidentes et/ou établissement stable indigène faisant partie d'une intégration fiscale avec la société qui exploite le droit de la propriété intellectuelle éligible de bénéficier du même traitement que les établissements stables.

En effet, des groupes de sociétés peuvent, pour des raisons organisationnelles et/ou commerciales, organiser leurs activités de recherche et développement en matière de la propriété intellectuelle dans des sociétés distinctes, tout en gardant d'autres composantes de la chaîne de valeur dans une entité différente.

Étendre la qualification des dépenses éligibles à ce type de situation permettra dès lors de s'aligner aux réalités commerciales des entreprises et sera en ligne avec les prérequis de l'«approche nexus», qui fait dépendre les bénéfices du régime aux activités de recherche et développement faites sur le territoire national, et pas forcément dans la même entité légale.

(s.) Laurent Mosar, Aly Kaes, Paul-Henri Meyers, Octavie Modert, Gilles Roth.

► **Une voix.** - Ouh!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Une autre voix.** - Quel courage!

(Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Dann huet d'Wuert elo den Här Eugène Berger fir d'DP.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Jo, Merci, Här President. Ech war effektiv au départ net ageschriwwen, mä ech mengen awer als President vun der Finanzkommission ou respectivement nodeem ech hei awer e puer Aussoe vum Spriecher vun der CSV héieren hunn, hunn ech mech awer verpflichtet gefillt, fir kuerz hei e puer Wieder awer zu dem Projet ze soen.

Vläicht awer och nach eng Kéier allgemeng, fir d'Zil vun deem Projet, zu deem d'Joëlle Elvinger schonn den Accord vu menger Fraktioun ginn huet, awer nach eng Kéier duerstellen: Ech mengen, et geet hei drëms, fir d'Fuerschung an Innovatioun ze féideren. An et ass ganz kloer, Här honorablen Deputéierte Mosar, datt mir, d'DP, natierlech voll hannert deem Zil, fir hei zu Lëtzebuerg d'Fuerschung an Innovatioun ze féideren, stinn. Do fannt Der sécherlech mat eis e Matstreider. An ech mengen awer och, an deem Gesetz hu mer e gutt Instrument, fir dat kënnen ze maachen.

Et ass jo esou, datt mat der IP-Box déi richteg oder wichteg steierlech Ureizer solle gebuede ginn, fir d'Entreprises unzezéien. Et ass e wichtige Bausteen, fir, ech géif emol soen, den Erfolgsmodell Lëtzebuerg weiderzeféieren.

Wat war eis eigentlech awer hei besonnesch an immens wichteg? Dat ass, datt mer bei deem Projet och sougenannt „OECD-compliant“ sinn, datt mer also mat den OECD-Regele konform sinn. Besonnesch wichteg ass och, datt mer och konform zu deene sougenannten „BEPS-Regelen“ sinn.

Well mir wësse jo, wat dat alles bruecht huet an der Vergaangenheet, wa mer do gekuckt hunn, extra Weeër ze goen, besonnesch am Beräich vun der Fiskalitéit. An ënner anerem war jo och d'IP-Box eng vun den Ursaachen, firwat mer do an der Vergaangenheet net immens gutt dobaussen dostoungen an doduerjer och ëmmer mat engem Fouss op der groer, wann net op där schwaarzer Lëscht stoungen.

Dat war also hei och déi Suerg. Duerfir huet et och vläicht eng Zäitche gedauert, bis datt mer do wierklech kënnen Patte blanche weisen, fir ze weisen, datt mer et eescht mengen, wa mer hei zu Lëtzebuerg neierdénks Dossiere vun der Fiskalitéit an och eventuellen Avantagen an der Fiskalitéit ugin.

Hei ass et jo esou, datt eng substanzuell Aktivitéit en rapport mat der Fuerschung, mat der Innovatioun muss hei zu Lëtzebuerg stattfannen, fir datt een also an Zukunft nach ka steierlech Avantagë kréien hei zu Lëtzebuerg. Dat sinn dann also hei haaptsächlech - oder net haaptsächlech, well d'Direktiv dat och virschreift - Breveten a Logiciellen, déi eligibel sinn. Dat ass net nëmmen hei zu Lëtzebuerg esou, dat ass och nach am Ausland esou.

Effektiv ass an der Kommission eng Diskussioun opkomm, wéi mer eng éischte Kéier de Projet presentéiert kritt hunn. Et ass eng Diskussioun, den Här Mosar interpretéiert dat e bëssen anescht, ech géif emol soen, effektiv, iwwert d'Bänken hu mer eis Froe gestallt. Mir hunn eis einfach Froe gestallt, well mer den Text cru presentéiert kruten, ob et effektiv net méi sënnvoll wier, ob een net och nach aner, ech soen emol, Fuerschungsresultater kéint eventuell do mat eranhuelen. An dat ass also déi sougenannt drëtt Kategorie vun Droit-intellectuellen, fir déi d'Direktiv eng Méiglechkeet gesäit: Dat si Strategiepabeieren, Modeller, jee, dat kënnen aner Saache sinn.

Mir kruten awer duerno, Här Mosar, an enger nächster Sitzung eng Rei, wierklech eng Rei pertinent Antworten, déi op alle Fall mir a menge Membere vun der Kommission Satisfaktioun ginn hunn, Erklärungen ginn hunn, firwat datt dat net bis zum Schluss ausgereizt ginn ass. An ech mengen, duerfir ass et jo och esou - Dir hat d'CSV-Amendementer abruecht -, datt mir déi dann och ofgeleent hunn.

Mä firwat hu mer déi ofgeleent? Dat betrëfft also déi drëtt Kategorie vun deenen Droit-intellectuellen, déi mer net wëllen eranhuelen. Firwat wëlle mer déi, ech soen emol weinstens elo, net eranhuelen? Dat ass, well mer dann eng Autorité de certification brauchen. An effektiv, déi hu mer net hei zu Lëtzebuerg. Dat heescht, esou eng Autorité de certification, déi géif also au cas par cas kucken: Ass dat eppes, wat ënnert déi drëtt Kategorie ka falen? Ass dat e Fuerschungsprodukt, dat consideréiert ka ginn?

Jo, ech hunn op enger Plaz - Dir hutt mech jo zitéiert - gesot: „Dat kann een net vun haut op muer dann aus dem Stee schloen.“ Mä ech mengen, de Punkt ass einfach deen, datt mer also net esou eng Autorité hunn an datt mer also net kënnen an d'Gesetz eppes schreiwen, wat awer an der Praxis net géif d'Strooss halen. A mir hunn dat och, mir hunn dat... Nee, duerfir schreiwe mer eben net an d'Gesetz an. An ech mengen, et sinn awer och eng Rei aner Länner, déi et net an hiert Gesetz oder hir Ëmsetzung vun der Direktiv ageschriwwen hunn.

Ech war eng Kéier ersetzten an d'Ekonomieskommission an zoufällegerweis war dunn och do méi generell iwwert d'Propriété intellectuelle eng Diskussioun. An dunn hat den honorablen Här Mosar do de Vertrieder vun der Ekonomie gefrot, wéi si dat géife gesinn, ob si awer net éischer derfir wieren an ob se do prett wieren. An du war et awer eng ganz kloer Ausso vum Vertrieder vun deem Departement, dee gesot huet: „Mir hunn de Moment näischt esou eppes. Dat kann een och net ganz schnell oprichten an do brauch een eng Rei Experten“, an esou weider. Duerfir, fir ze soen, datt do wierklech kee Blat tëschent deen een an deen anerem Departement passt, datt och d'Ekonomie ganz kloer gesot huet: „À ce stade ass dat net sënnvoll“, an duerfir wier et och richtig, fir et net an d'Gesetz anzeschreiwen.

Ech mengen, dat ass dat, wat eigentlech de Punkt ass. Mir sollen net eppes an d'Gesetz aschreiwen, wou mer an der Praxis herno net kënnen esou e wichtegt Element ëmsetzen, wou dat géif feelen. Well dat wier wierklech net gutt fir d'Glawierdegkeet vu Lëtzebuerg am Dossier Fiskalitéit. An ech géif net nëmme soen „net glawierdeg“, mä dat kéint carrement ka-

tastrophal sinn, wa mer dat elo géifen esou maachen.

Well ech hunn héieren, datt am Laf vum Joer zum Beispill en neien Exame vum GAFI wäert ufänken, wou mer also nach eng Kéier op Häerz an Niere gepréift ginn - ech mengen, dat ass an deem ganze Kontext vu schwaarzen a groe Lëschten -, ob mer iwwerall „compliant“ sinn. Stellt lech emol vir, déi géifen hei op Lëtzebuerg kommen an dann eben hir Exame maachen. Déi géife gesinn, datt do am Text vun den IP-Boxen déi drëtt Kategorie drasteet. An da gi se kucken, kontrolléieren, an da gesi se, datt awer am Term net déi Autorité de certification do ass, déi dat ka maachen. Also dat wier eppes, wat wierklech, ech géif scho bal soen, déidlech fir eisen Image wier a wou mer ganz schnell géife riskéieren, erëm op Lëschten ze kommen, op déi mer net wollten. Dat also ass d'Ursaach, d'Motivatioun, firwat mer op alle Fall zu deem Zäitpunkt déi Méiglechkeet net virgesinn hunn.

Ech maache mer awer trotzdem - dat ass e lescht Wuert - keng Suergen, well mer hei zu Lëtzebuerg gutt opgestallt sinn. Dat gesäit een all Dag am Beräich vun der Fuerschung, vun der Innovatioun. Nei Betriber kommen heihinner. An eigentlech hu mer net missen op déi nei IP-Box waarden, fir datt dee ganze Space Mining, ech géif soen, dee Secteur, alles, wat mat Space Mining ze dinn huet, op Lëtzebuerg komm ass. Déi sinn och heihinnerkomm ouni d'IP-Box. An ech sinn iwwerzeegt, datt mer éischters do wäerte weiderkomme kënnen, datt awer och aner Secteure kommen, och ouni datt elo déi drëtt Kategorie hei an deem Gesetz wäert stoen.

Dat gesot, géing ech awer och nach eng Kéier - eng zweete Kéier - den Accord vun eiser Fraktioun abréngen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An d'Wuert huet elo direkt den Här Franz Fayot fir d'LSAP.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Merci, Här President. Ech ka mech e bësse méi kuerz faassen, well d'Joëlle Elvinger huet a sengem gudden Rapport déi technesch Aspekter vun deem Projet de loi gutt erkläert, mat senger üblicher Kompetenz a Steiersaachen.

Mir begrëissen als LSAP, dass deenen neien IP-Regimm, des nei IP-Box, déi mer haut hei adoptéieren, vill méi enk gestréckt ass wéi déi viregt. An natierlech och, dass se konform ass zu den internationale Regeln an en particulier zu der Aktioun 5 vum BEPS vun der OCDE a vun der Approche du lien modifié.

Ech géif gären insbesonnesch op zwee Aspekter hei agoen. Deen een, dat ass de Gesichts-punkt vun der Recherche an dem Développement, an deen anerem ass den Aspekt vun den Abusen, en particulier vun deem vieregte Regimm.

Den Term „lien modifié“ - wéi dat schonn erkläert ginn ass - heescht, dass, fir dass e Betrib ka seng Recherche- an Developpementsdépenses steierlech ofsetze bis zu 80% vun där Rechnung, wéi d'Madam Elvinger erkläert huet, fir dass dat ka stattfannen, dofir muss lokal Recherche gemaach ginn. Dëst soll déi Lëtzeburger Betriber derzou incitéieren, hir Recherche lokal ze entwéckelen amplaz se an d'Ausland akafen ze goen.

Dëst Gesetz schreift sech also an d'Strategie a vun eise Land, vun eiser Regierung, fir heizuland e gudden Kader fir d'Recherche an d'Innovatioun ze schafen, och am Interessi vun der Diversifizierung vun eiser Ekonomie.

Et ass allerdénks gewosst, an dat sträichen och déi rezent Rapporte souwuel vun der OCDE vun 2016 wéi och vun der Europäescher Kommission vum leschte Joer ervir, dass eist Land schwächelt am Beräich vun der privater Recherche, an dat scho säit Joren. Insbesonnesch wat den Output a Form vu Breveten, awer och vu Logiciellen an och „spin-offen“ ugeet, déi aus den éffentleche Rechercheinstituter ervirginn, stieche mer nach an de Kannerschong.

Et fält och op, dass d'Aféierung vun engem neie Régime d'incitation fiscale net zu de Recommandatiounen vun der OCDE zielt, fir eist Rechercheëmfeld ze verbessern, wéi aus dem Rapport vun 2016 ervirgeet.

Här President, d'Fro ass also, an ech hat déi Fro och schonn an der Kommission soulevéiert: Sollte mer hei net probéieren, eng Planz ze näzen, déi nach net ganz aus dem Buedem ass? Do ass sécher eng gutt Intentioun derhannert. Mä wat ass d'Effikasitéit vun esou engem Regimm an engem Kontext, wou et eréischt ganz wéineg Breveten a Computerprogrammer gëtt, déi „hausmaacher“ sinn? Riskéiere mer net, vun engem pure Finanzsektourproduit, wat déi viregt IP-Box vum Artikel 50bis war, op eppes ze kommen, wat a Realitéit ganz wéineg Re-tombéeën huet?



Verstitt mech net falsch! Mir fannen et natierlech eng gutt Saach, fir hei e Régime d'incitation ze schafen, fir d'Recherche, den Developpement an d'Innovation ze encouragéieren. Mir sti voll a ganz hannert där Strategie. Mä mir stellen eis Froen iwwert d'Effikassitéit vun deem Regimm am heitege Kontext an an der heiteger Maturitéit vun eise RDI-Environnement.

Här Minister, Dir hutt vläicht Elementer dozou, vläicht och net, mä et géif eis freeën, wa mer do e puer méi präzise Antworten an Analyse vum FNR hätten, méiglecherweis vum Ministère vum Enseignement supérieur an der Recherche iwwer méiglech Retombéeën vun deem Regimm. An egal wéi wär et gutt, wa mer géifen no enger Partie Joren, no zwee Joer soe mer emol, e Bilan maachen iwwert d'Effikassitéit vun deem Gesetz.

En zweete Punkt, deem ech wollt uschwätzen, ass dee vun den Abuse vun deem viregte Regimm, och e bëssen am Kontext vun deem, wat den Här Mosar gesot a gefuerdert huet iwwert de Champ d'application vun deem neie Regimm.

Et ass, wéi gesot, esou, dass dësen neie Regimm sech op Breveten, dat heescht Erfindungen a Computerprogrammer begrenzt. D'Marken en particulier sinn elo eraus. An et ass ebe just mat de Marken, wou an der Vergaangenheet dee gréisste Schindluder gedriwwen ginn ass. A munche Fäll si Gewënner, déi weltwäit op enger Mark gemach goufen, esou an eng Lëtzebuerger SOPARFI geschleist ginn, wou se ganz wéineg besteiert goufen, eben duerch de Bénéfice fiscal vun där IP-Box, an dann als net besteiert Dividend ausbezueelt ginn.

Ee Beispill vun esou enger Praxis, an en plus nach an engem Fall, wou Entwécklungslänner concernéiert sinn, ass genannt ginn an engem „Wort“-Artikel vum Abrëll 2017, wou en Oxford-Expert zu Lëtzebuerg war op Invitatioun vum Réseau Tax Justice, deem d'Beispill ginn huet vun der Mark Skol. Dat ass eng Béiermark, déi an Afrika apparentement ganz populär ass a wou eben iwwer eng Lëtzebuerger IP-Box déi Benefisser bezueelt gi sinn, als „royalties“ op där Mark, an déi zu Lëtzebuerg weider konnte bezueelt gi mat ganz wéineg Friction fiscale. Dat ass ee Beispill vu munchen, déi am Dossier LuxLeaks opgeflu sinn an déi eis en heftege Reputatiounsschued bruecht hunn a wou och a juste titre gefuerdert ginn ass um internationalen Niveau, dass déi al IP-Box sollt ofgeschaaft ginn.

Virdu konnten also Multinationallen esou hire ganze Portefeuille vu Propriété intellectuelle zu Lëtzebuerg usidelen an iwwert dee Wee Gewënner, déi am Ausland gemach goufen, als „royalties“ steierbegënschtegt duerchschleisen.

Domat, Här President, ass elo Schluss. An dat ass och gutt esou. Mir haten effektiv ee Moment eng Diskussioun an der Finanzkommissioun, ob et net opportoun wier, an der Hauptsach weinst der Recherche am Beräich FinTech an am Beräich Space Resources, fir verschidden Droits de la troisième catégorie wéi „trade secrecy“ an Know-how och an de Champ d'application vun Gesetz eranzehuelen. Dat ass wouer, mir haten déi Diskussioun.

Mir kruten awer, wéi dat gesot ginn ass, hei eng Rei Erklärungen an eng Rei Apaisement, déi eis doranner bestätegt hunn, dass dat keng gutt Iddi gewiescht wär. Engersäits - et ass scho gesot ginn -, well et fir de Moment keen esou en onofhängegen Institut gëtt, deem certifiéiere kéint, dass déi Biens de la troisième catégorie och effektiv de Kritären entsprechen. Mir krute gesot, dass den IPIL, den Institut de la propriété intellectuelle, de fréiere Centre de veille technologique vum CRP Tudor, dofir de Moment nach net outilléiert wier, dass en zwar ausbaufäeg wier, mä fir de Moment dat op alle Fall nach net kéint maachen.

An den zweete Grond, firwat mer dat net sollte maachen, ass, well gesot ginn ass, dass mer ebe ganz einfach déi Marge de manoeuvre do net hunn. Vläch och, well mer et esou bont gedriwwen hunn an der Vergaangenheet, hate mer an eiser Negociation vun eise neien IP-Regimm net déi Marge an net déi Latitude, fir dat ze maachen, wat elo haut vusäit vum der CSV gefrot gëtt. An eben aus dëse Grënn konnt dës IP-Box net allze grouss opgemaach ginn.

Här President, ech géif nach gären eng Fro stellen un den Här Minister. Den Här Minister weess, dass mer virun net allze laanger Zäit en Echange hate mam Paul Tang a mat engem Representant vun der Commission européenne iwwert de CCCTB. Dat ass dee Regimm iwwert déi „Common Consolidated Corporate Tax Base“, wou och e Volet „Recherche et développement“ dran ass. De Minister weess dat bestëmmt. Do ass e Benefiss „Recherche et développement“ virgesinn. An et ass vläch eng interessant Opportunitéit, fir der Chamber ze soen, wou dee Projet do drun ass. Et ass

gewosst, dass deem net oncontestéiert ass um europäeschen Niveau. Mä deemools ass eis gesot gi vum Paul Tang an och vum Representant vun der Europäescher Kommissioun, dass an hirer Optik déi IP-Boxen am Fong geholl e Modell vun der Vergaangenheet wäeren an dass si vill méi d'Zukunft géife gesinn an deem zukünftege Modell ebe vun der Base commune, wou nach vill méi e favorable Régime d'exonération do wär fir d'Depense „Recherche et innovation“.

Här President, fir ofzeschlüsse géif ech gären zum Schluss ganz kloer soen, dass mer déi virsiichteg a responsabel Approche vun der Regierung a vum Finanzminister an deem Steuerdossier voll a ganz ënnerstëtzen. Mat BEPS, an am Fall vu Lëtzebuerg och mat LuxLeaks, ass eng Zäsur komm an eise wirtschaftleche Positionnement. Esou Trickereien an Nische wéi déi al IP-Box oder wéi eist waasserduicht Bankgeheimnis, dat iwwer Jorzéngten bec et ongles verteidegt gouf, gi bei eise europäesche Partner, mä och soss international, net méi duerch. Dat ass an eise Aen och gutt esou. Steuervermeidung an all hire Forme soll bei eis keng Zukunftsindustrie sinn. Et kann een näamlech net op där enger Säit Nation Branding fir en oppent, dynamescht an zouverlässeg Land maachen an op där anerer mat Steuertricken Aktivitéiten heihinnerlackelen. Et kann een och net all Joers 1% vu sengem Budget an d'Kooperation ginn a mat där anerer Hand den Entwécklungslänner duerch Steierrulingen an IP-Boxe Steiergelder aus der Täsch zéien, wéi dat zum Beispill bei Skol de Fall war.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Très bien!

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- A wat dat Zit at ueget, wat den Här Mosar d'ënescht bruecht huet, wou e mech zitéiert huet a wou ech vun där aler Zäit geschwat hunn: Ech stinn hannert där Ausserung, déi ech effektiv virum Mikro vun RTL gemach hunn, an ech warne virun engem Retour an déi al Politik. De Finanzminister huet rezent an engem anere Kontext, deem vun dem Duebelbesteierungsofkommes mat Frankräich, gesot, dass mat BEPS eng nei Zäit ugaangen ass. An et koum do en heftegt Geschütz vun Arer Säit, vun der CSV, mam Repproche, dass hei net mam Secteur geschwat gi wär am Beräich vun deem Duebelbesteierungsofkommes, wéi Der dat jo elo och plus ou moins gesot hutt am Beräich vun der IP-Box. Dat bitt da wuel en zimlech déiwen Abléck an d'Aart a Weis, wéi an der Vergaangenheet d'Texter an deem Beräich an och am Duebelbesteierungsberäich gemach gi sinn.

A ganz generell, an domadder halen ech da gären op, gesäit een, dass erëm eng gewëssen „Erdreistung“, kéint ee bal soen, vu verschiddene Finanzmilieue stattfénnt. Virun net allze laanger Zäit, nodeems d'CSSF hire Communiqué gemach huet iwwert d'ICOen, „initial coin offerings“ - mir haten déi Diskussioun am Kontext vun eiser Debatt iwwert d'Monnaie virtuelle -, do huet d'CSSF effektiv zwee Communiquéen erausginn, wou se de Public warnt virun de Risiken, déi mat de Monnaies virtuelles verbundene sinn, mä och mat den ICOen, deenen „initial coin offerings“, wat en Instrument ass, wat fir de Moment guer net reglementéiert ass, wou Prospekter erausgi ginn, déi kenger Reguléierung, kengem Gesetz ënnerleien.

An do konnt een en Artikel liesen am „Paperjam“ d'lescht Woch, een oder zwee Deeg, nodeems dee Communiqué do erauskoum - ech hunn en elo net bei mer, mä et ass sënnegmäss -, dass de Secteur sech géif Suerge maachen, well dat u sech Produite wäeren, wou eng grouss Demande do wär, an dass ee sech géif grouss Froe stellen iwwert dee Communiqué vun der CSSF. Dat kann ee liesen aus dem Mond vun engem Associé vun engem grousser angelsächescher Etüd hei zu Lëtzebuerg. An dass ee sech - an dat ass dat, wat mech am Fong schockéiert an deem Artikel a wat mer Suerge mécht - do géif froen, ob een net géif d'CSSF court-circuitéieren a géif de Wee siche vun der Politik, fir do eppes drun ze änneren.

Ech muss soen, dat ass esou déi Aart a Weis, fir Lobbyismus ze maachen, déi am Fong wirklech där aler Zäit ugehéiert. An ech si frou, dass mer haut e Regulateur hunn, dee seng Responsabilitéiten hält, dee seng Aarbecht propper mécht. An ech sinn och frou, dass mer e Finanzminister hunn, dee seng Gesetz a sengem Ministère, wéi d'Duebelbesteierungsofkommes, konform mam BEPS-Kader schreift, konform mat der internationaler Reglementation. An ech wëll soen, dass mir als LSAP voll a ganz hannert där Politik do stinn.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Dat gesot, ginn ech natierlech den Accord vun eiser Fraktioun zu deem Projet de loi.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Däerf ech eng Fro un den Här Fayot stellen?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Majo, ech ginn dervun aus, dass den Här Fayot do näischt dergéint huet.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Majo, ech hunn dem Här Fayot, wéi ech dat ëmmer maachen, ganz opmierksam nogelauschtert. Ech sinn och mat villem, wat e gesot huet, averstanen. Net mat allem. Ech wollt awer just op ee Punkt agoen, well ech hei gemengt hunn, dass e Konsensus géif bestoen, fir à un certain moment dat Gesetz hei awer fir déi drëtt Kategorie vun Droit-intellectuellen opzemaachen.

Ech hu verstanen - an dat ass sécherlech en Argument, den Här Berger huet dat bruecht -, dass am Moment nach keen eng Autorité de certification huet, dass d'Steierverwaltung dat net ka maachen. Dat sinn Argumenter, déi ech deelen. Ech hunn awer d'Gefill, dass et gutt wär - an ech hunn dat bis elo och ëmmer esou verstanen, d'ailleurs souguer och vum Finanzminister ass e puermol gesot ginn, dass hie sech dat ganz gutt kéint virstellen -, dass d'Gesetz dann eng kéier an engem Joer, an annerhallwem Joer géif amendéiert ginn, wa mer esou eng Autorité de certification hätten. An ech hat dem Wirtschaftsminister jo och déi dote Fro kloer gestallt an ech hu virdrun d'Äntwert vum Wirtschaftsminister ginn.

Duerfir elo meng Fro, well ech hunn dat eigentlech net richtig eraushéieren: Dat heescht, Här Fayot, Dir an d'LSAP, sidd Dir also net der Meinung, dass, wa mer eng kéier esou eng Autorité de certification en place gesat hunn, ee sollt dat Gesetz awer da méi wäit opmaachen an och esou eng drëtt Kategorie vun Droit-intellectuelle schafen? Wéi gesot, dat huet jo iwwerhaupt näischt ze di mat zréckgoen an d'60er, 70er, 80er Joren. Hei geet et einfach ëm eng zousätzlech Méiglechkeet, déi eng Direktiv eis gëtt, déi a verschiddene Länner och esou ugewannt gëtt a wou ech bis elo verstanen hunn, dass eigentlech e Konsens wär, dass een dat le moment venu soll maachen.

Duerfir nach eng kéier meng Fro: Sidd Dir och där Meinung oder net?

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Här Mosar, Dir wësst esou gutt wéi ech, well Dir och an der Finanzkommissioun waart, dass déi Explikatioun, déi mer vum Fonctionnaire vum Finanzministère kruten, déi war, dass déi Marge de manoeuvre, fir esou eppes ze maachen, de Moment net gi wär. Déi Negociatioun vun der IP-Box - an den Här Finanzminister geet bestëmmt och nach dorobber an - huet dat fir de Moment net hierginn. Dat huet sécher ze di mat der Vergaangenheet, mat vergaangene Praktiken en rapport mat där IP-Box. A fir de Moment ass déi Marge de manoeuvre net do. Dat ass eis ganz kloer gesot ginn.

Et ass eis och gesot ginn, dass dat ganz schwéier Negociatioun wär mat der Europäescher Kommissioun. Do gëtt et e Grupp „Code de conduite“, mat deem dat Ganzt ausgehandelt ginn ass. A fir de Moment ass et am Fall vu Lëtzebuerg net virgesinn an ass et net d'Richtung, an déi déi Negociatioun gemach gi sinn, dass déi Biens de la troisième catégorie solle mat drakommen. Dat ass dat, wat eis erkläert ginn ass. A mir stinn hannert där Erklärung a mir akzeptéieren déi.

Dofir wëll ech elo emol einfach behaupten, dass eise Wirtschaftsminister, dee jo par ailleurs e ganz dichtege Mann ass, déi Informatioun net hat, wéi en dat hei e bësse locker gesot huet. Dat géif ech elo emol einfach esou soen. Hien ass net de Finanzminister, hien ass de Wirtschaftsminister. Mä ech mengen awer, dass et net falsch ass, fir ze soen, an do huet hie ganz recht, dass een den IPIL méiglecherweis kann ausbauen zu esou engem onofhängege Gremium, wat dann déi Biens de la troisième catégorie kéint certifiéieren, wann dann déi Méiglechkeet an déi Latitude besteet no eise Negociationen, no den neien Negociatiounen mat der Europäescher Kommissioun.

(*Interruption par M. Laurent Mosar*)

(*Brouhaha*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. An elo huet den Här Kox d'Wuert.

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- Jo, Merci, Här President! Nodeems mer elo och déi technesch Finess plus ou moins hei ausgetosch hunn, wëll ech fir d'Éischt der Rapportrice Merci soe fir deen ausféierlechen, technesche Rapport hei. Et ass effektiv e wichtegt Gesetz, fir d'Fuerchung an d'Innovation hei am Land och wider ze encadréieren.

Awer ech mengen, esou wéi mäi Virriedner dat och scho gesot huet, et ass gradesou wichteg, dass mer eis konform maache mat den OECD-Regelen. Dat ass ee vun deene wichtegste Voléte bei der Ëmsetzung hei am Land och wider ze encadréieren.

Mir hunn et fäerdegbruecht, an deene leschte véier Joer aus deem sougenannte finanztechneschen „Schmuddeleck“ e bëssen erauszekommen, an ech denken, dass dat eis ganz gutt zu Gesiicht steet. A mir musse virsiichteg sinn, och wann dat eent oder dat anert dann eben net hei op Lëtzebuerg kënnt, dass mer no baussen - an dat hunn eis Regierung an eise Finanzminister iwwert déi lescht véier Joer ganz gutt fäerdegbruecht - en aneren Image opbauen. Et ass dat, wat mer alleguere sollten ustriewen, ouni awer, wéi gesot, d'Innovation an d'Recherche hei a Lëtzebuerg ze vernolëssigen.

Dofir kann ech hei just fir déi ganz gréng Fraktioun dat nëmme ënnerschreiwen an d'Zoustëmmung zu deem Gesetz ginn.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Dann huet d'Wuert den Här Reding fir d'ADR.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Merci, Här Président. Ech wäert mech extrem kuerz faassen. Mir als ADR stëmme fir dat Gesetz aus dräi Ursaachen:

Fir d'Éischt emol ass et ganz richtig, Recherche an Innovation ganz kloer steierlech ze bevirdelegen. Fir d'Zweet ass et richtig, d'Abusen opzehalen, dass international Konzern, ech nenne se einfach emol „Mac Star“, vun hirem Chiffre d'affaires 10% kënnen un iergendeng Firma iwwerweisen, déi dann do zu 80% net besteiert ginn. Dat heescht, dass déi Nisch fir Markerechter zougemaach gëtt, fanne mer ganz richtig. A fir d'Drëtt: All Gesetz ass besser wéi kee Gesetz. Déi IP-Box ass zougemaach ginn zu Lëtzebuerg. Am Moment si mer an engem Vakuum, an et ass gutt, dass dee Vakuum endlech gefëllt gëtt. Aus all deene Grënn stëmme mer fir dat Gesetz.

Mir stëmme allerdéngs och fir d'Amendement vun der CSV, wéi mer et och schonn an der Kommissioun gemach hunn. Den Här Mosar huet ganz recht, dass déi Rechter vun der drëtter Kategorie, dat heescht d'Rechter, déi Innovationen an Inventionen duerstellen, ouni dass se kënnen e Brevet sinn, onbedéngt hätte misse mat berücksichtegt ginn. An d'Argument, dass mer keng Autorité de certification oder de contrôle hunn, gräift net, well aner Länner, an notamment Irland, hunn dat och net. A wa mer eng Marge de manoeuvre hunn an europäeschen Texter an Direktiven, da musse mer déi notzen an dann d'äerle mer kee Millimeter opginn. An et ass e Feeler, déi hei opzeginn. Déi Autoritéit kann agesat ginn, déi Autoritéit soll agesat ginn an da wär d'Gesetz nach besser a mir géifen nach mat méi enger grousser Freed zoustëmmen.

Mä trotzdeem stëmme mer aus deene genannte Grënn derfir.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Dann als leschte Riedner den Här David Wagner fir déi Lénk.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Merci, Här Président. „Arme de défiscalisation massive“ ass déi al Patentbox, déi jo bei LuxLeaks eng zentral Roll gespillt huet an déi och nach bis 2021 ka genotzt ginn, vu verschiddene Commentateurs genannt ginn.

Fir et virewezechuelen: Och déi nei Patentbox ass eng „arme de défiscalisation“. Ob se awer esou massiv ass wéi déi al, bleift nach ofzemaachen.

Den Här Fayot huet virdrun e Beispill genannt vum Béier Skol. Et gëtt der vill, déi een och kéint nennen. Ënner anerem, dass ass jo och nach ëmmer an der Aktualitéit, ass dat d'Jugurtsfabrik Fage aus Griichenland, déi schonn zënter 2012 am Benefiss vun der aler Patentbox war, déi sech hei installéiert huet, wat och gréisser ekonomesch Schwierigkeete fir Griichenland bedeit huet.

Op jidde Fall huet sech awer d'Entrüstung iwwert dëse Projet de loi bei de Consulting-firme vun der Finanzplaz relativ staark a Grenze gehalen. Dat weist och drop hin, dass sech fir d'Geschäft mat der Steuervermeidung net esou vill wäert änneren, wéi dat ëmmer esou duergestallt gëtt. Wann een zum Beispill déi global Consultingfirma DLA Piper hält, déi an deem Domän tätég ass, déi seet an hirer Analys: «Plus contraignant que l'ancien régime, ce projet de loi (s'il est adopté) offrira sans doute de nouvelles opportunités aux contribuables en matière de structuration des activités de Recherche et de Développement à travers le Luxembourg». Ech mengen, mir kommen nach



dorobber zrëck, wat „Recherche et Développement“ bedeit an deem Kontext.

Datt déi Consultingfirma esou reagéiert, ass jo och net verwonnerlech. D'Resultat vum Anti-BEPS-Prozess vun der OCDE baséiert jo u sech net op objektive Constaten, mä op politesche Kouhändler, kann ee soen. Et huet vläicht mat enger gudder Intentioun ugefaangen, datt d'Länner sech alleguerten zesummesetzen, fir d'Steiervermeidung ze bekämpfen, mä et huet sech ganz schnell transforméiert an e Forum, wou d'Länner sech géigesäiteg zerklappen, fir e méiglechst groussen Deel vun de Profitter vun de Multinationallen unzezéien.

Déi nei Regelungen zu de Patentboxe baséieren dann och gréisstendeels op Kompromësser tëschent London a Berlin. Béid Säiten hunn dobäi Kompromësser gemaach. Dat heescht, datt Saache verbessert a Saache verschlechtert ginn. Mä et ass a kengem Fall eng Regelung, déi d'Steierlaascht vun de Multinationallen erhéicht oder d'Steiervermeidung wirksam bekämpft.

Déi „nexus approach“, „lien modifié“ eben, op déi sech den Anti-BEPS-Prozess baséiert, dat heescht, deen och op enger gewëssener Substanz soll baséieren, déi da schlussendlech bei de Patentboxen zrëckbehale gouf, bréngt dann och mat sech, datt d'Fuerschung net zwingend muss hei am Land stattfannen. Wat d'Dier erëm grouss opmécht fir Emstrukturierung vun den Entreprisé mat deem eenzegem Zil, fir Steieren ze spueren.

Net méi eligibel si verschidde kommerziell Aktivitéiten, déi tatsächlech immens ufälleg si fir den „profit shifting“, wéi Marken oder Internetdomänen. Mä et koom elo awer och zu Extensiounen fir d'Eligibilitéit an dëser Gesetzgebung, ënner anerem, fir ee Beispill ze nennen, d'Certificats d'obtention végétale, wat u sech op grénger Sait e bësse méist fir Ophorche suergen. Well do komme mer elo an dee Beräich vun de Semencen, déi d'Bauere jo permanent erëm musse bezuelen u Bayer, Monsanto an esou weider. Dofir huele mer déi Aktivitéiten dann eben hei zu Lëtzebuerg eran, well dat grad esou grouse Konzerne wéi Bayer an och Monsanto gutt an de Krom passt. An déi hu jo och schonn Aktivitéiten iwwert déi Lëtzebuerger Finanzplaz strukturéiert.

D'OCDE huet also mat deene BEPS-Regelen d'Abusen net gestoppt, mä beschtefalls just aageschränkt. Gläichzäiteg huet se domadder déi Patentboxen awer iwwerhaapt eréischt salonfäeg gemaach. Länner féieren elo Patentboxen an, déi virdrun nach keng haten. Domadder gëtt eng Course no ënne lassgetrëpelt, wéi e Land dann elo de Multinationallen déi beschit Konditiounen an deem Beräich ubidde kann. Irland bitt da mat senger neier Patentbox e Steiersaz vu 6,25% un, Lëtzebuerg 5,2% an d'Belsch 5,1%. Wie bei deem Spill letztendlech de Gewënn an de Verlëierer ass, dat ka sech da jiddwereen ausmolen.

Här President, d'Patentboxe ginn allgemeng domadder gerechtfertegt, datt se géifen d'Fuerschung an d'Entwécklung undreiwen. Dat si mer elo haaptsächlech och vun der CSV-Sait gewuer ginn. Mir mengen allerdéngs, datt dat beschtefalls e Wonschdenken ass. Well et gëtt - an ech mengen, et ass awer och scho virduresot gi vum Här Fayot, et ass souguer ugedeit ginn och vum Här Berger -, et gëtt an allen internationalen Etüde keng objektiv Beweiser, datt se tatsächlech d'Recherche géife féerden.

An do ass och e renoméierten englesche Steueranalyst, dee beschreift dat esou: „D'Patentboxe kënne“, also, et ass op Lëtzebuergesch iwwersat, dee schwätzt Englesch, „d'Patentboxe kënne dozou féieren, datt méi Patenter ugemellt ginn. Mä dat ass meeschtens just e juristesche Manöver, ouni datt domadder tatsächlech déi Saache géifen eropgoen, déi mer wirklech wëllen, näamlech Wëssenschaftler, déi méi Rechercheën maachen, an Erfinder, déi méi erfannen.“ An dat bestätegt sech jo och empiresch unhand vun den nationalen Zuelen, sou wéi d'Chambre des Salariés dat an hirem Avis schéi gewisen huet an och d'Chambre de la fonction publique, déi och seet: „Et ass u sech net d'Recherche, déi ënnerstëtzt gëtt, mä d'Revenue vun der Recherche.“

An et muss een och drun erënneren, datt 2008, wéi mer déi éischt Patentbox hei zu Lëtzebuerg agefouert hunn, do louch déi privat Recherche bei 1,28% vum PIB. An dann, sechs Joer méi spéit, 2014, louch se just nach bei 0,66%. Si huet sech also praktesch halbéiert. Et kann een net grad vun enger Success Story schwätzen. An do muss ee sech wirklech d'Fro stellen, ob et do e Lien gëtt. Ech mengen, déi

Argumentatioun gëtt nëmme benotzt, fir déi batter Pëll e bësse méi séiss ze maachen a fir a Wirklecheit net iwwert déi reell Ursachen ze diskutéieren, firwat et Patentboxen an där Form gëtt.

An dat wäert sech och mat dëser Reform vun der Patentbox net änneren, well d'Fuerschung, wéi gesot, bei deene Steiervergëschtegungen net zwingend muss hei am Land sinn an och well se deene klengen a mëttleren Entreprisé kaum zeguttkënn. An héchstwahrscheinlech kann dann eng Aart Directeur de recherche hei kommen, wat bei Wäitem net heescht, datt ee Recherche hei huet.

Wat bleift also? Wat bleift eis also? Virun allem eng riseg Subventioun vun de groussen Entreprisé mat de Sue vum Lëtzebuerger Steuerzueler. De Steierverloscht gëtt vun der Regierung an der Fiche financière op 50 Milliounen geschat. Si huet do einfach d'Zuel iwwerholl, déi se schonn 2008 bei der éischter Patentbox uginnt hat. De Conseil économique et social hat awer 2011 scho virgerechent, datt domadder ronn 250 Milliounen Euro pro Joer u Steierrechtere verluer ginn, also fënnefmol sou vill. An déi Zuel ass mat Sécherheet méi fondéiert, menge mer, wéi déi 50 Milliounen, déi elo vun der Regierung ugi ginn.

250 Milliounen, dat si bal 100 Milliounen méi, wéi de Stat sech d'Universiteit kaschte léisst. D'Bedelegung bei der Uni läit 2018 bei ronn 160 Milliounen. Amplaz also hei mat dësem Projet de loi de groussen Entreprisé sënne 250 Milliounen nozegeheien, kéint ee mat deene Suen d'Recherche publique quasi verdreifachen. Dat géif mëttelfristeg och déi privat Recherche an d'Entwécklung hei am Land ukuerbelen, well sech domadder e reellt Fuerschungsfeld géif entwéckelen.

Här President, no rezente Recherchen, och vun der „Financial Times“, enger Zeitung, déi jo net grad e lént Propagandablatt ass, ass den effektive Steiersaz vun de Multinationallen tëschent 2008 an 2018 ëm 9% gefall. D'Halschent vun deem Réckgang war op tatsächlech Steiersenkungen zrëckzuféieren an déi aner Halschent op déi ëmmer méi sophistiquéiert Methoden, fir Steieren ze vermeiden.

Dat muss ee sech emol op der Zong zergoe looslen! An deene leschten zéng Joer säit der Finanzkris, während deene knallhaart Austeritéitsprogrammer a ganz Europa, an och hei zu Lëtzebuerg, duerchgeboxt gi sinn, déi Milliounen Familljen onverschëlt an d'Aarmut katalpultéiert hunn, während deenen zéng Joer konnten d'Multinationallen hir Steuerlaascht ëm néng Prozentpunkten erfrosetzen!

An dee Patentboxregimm, iwwert dee mer haut ofstëmmen, wäert d'Fuerschung hei zu Lëtzebuerg beschtefalls minimal beréieren. E wäert virun allem derfir suergen, datt déi transnational Entreprisé weiderhin iwwer Lëtzebuerg Milliounen u Steiere kënn spueren, an e wäert derfir suergen, datt de Steierdumping an Europa weider ugekuerbelt gëtt.

Ech brauch lech dofir net weider ze erwänen, aus wat fir engen Ursache mir als déi Lénk géint dëse Projet de loi wäerte stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An d'Wuert huet elo de Finanzminister, den Här Pierre Gramegna.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt géif ech gär dem Rapporteur, der Madamm Joëlle Elvinger, villmools Merci soen a géif och gären den dräi Verdrieder vun den dräi Regierungsparteie Merci soe fir hir Ënnerstëtzung a fir all déi Argumenter, déi se bruecht hunn, déi ganz wichteg sinn, fir dëse Projet de loi an de Kontext ze setzen.

De Régime de propriété intellectuelle, dee Lëtzebuerg virdrun hat, war ganz vill Länner en Dar am A. E war nieft dem Secret bancaire dat Stéck vun eiser Gesetzgebung, wat deene meeschte Länner riseg Problemer gemaach huet. An ech kann lech just soen, dass all Kéiers, wann ech Kollegeen aus Europa a vu baussent Europa an deenen éischte Méint begéint hunn, dee Sujet ëmmer op d'Tapéit komm ass. Dat dierf een net ënnerschätzen.

Dofir hu mer eis och e bëssen Zäit geholl, fir ze kucken, wéi mer elo deen neie Regimm, dee baséiert ass op neie Prinzipie vun der OCDE, wéi mer dee géifen ëmsetzen. Mir hunn eis Zäit ginn, fir dass mer konnte kucken, wéi aner Länner dat géifen ëmsetzen, vu dass all déi Regimier mussen duerch Gremie vun der OCDE a vun der Europäescher Unioun goen.

Mir haten d'autant plus Zäit, well deen ale Regimm och nach fënneg Joer undauert. Et war also guer keng Urgence. An ech si wirklech frou, dass mer eis déi Zäit geholl hunn, mat

deem Passé, dee mer mat deem heite Sujet hunn.

Ech mengen, dass d'Gesetz, wéi et elo hei proposéiert ass, e gudden Equilibre ass zwëschen deem, wat mer wëllen erreechen, op där enger Sait attraktiv sinn, an op där anerer Sait alleguerten d'Regelen, déi d'OCDE an d'Union européenne hei setzen, respektéieren.

Jo, mir hu gewollt als Regierung, dass mer attraktiv si fir Innovatioun, Recherche an Développement. Jo, mir wëllen attraktiv sinn, fir och eis Wirtschaft ze diversifizéieren. Dat maache mer jo och wirklech all Dag. Mä dat solle mer net a kënn mer net à tout prix maachen. Mir wëllen net méi op schwaarz Lëschte kommen.

Den Text berout op dem Prinzip vum Nexus. Dat heescht, dass haut an deenen neie Regimien déi speziell a gënschteg Besteuerung nëmme da méiglech ass, wa Recherche an Développement wirklech am Land selwer gemaach ginn. Dat ass jo u sech eng gutt Noricht, well dat heescht jo, dass dann d'Aktivitéiten an eisem eegene Land sinn. Dat ass emol dat Éischt.

Dat Zweet: Et sinn dräi Kategorië virgesinn an der Direktiv. Dat Éischt sinn d'Brevet - maache mer. Dat Zweet sinn d'Logiciellen - maache mer och. An déi drëtt Kategorie, op déi komme mer elo nach ze schwätzen, déi mer jo net zrëckbehalen hunn. Et ass och esou, dass d'Marken, d'Zeechnungen an d'Modeller ausgeschloss gi sinn, well grad an deem Beräich déi meescht Abuse waren.

Ech kommen elo ze schwätzen op déi Proposition vun der CSV, fir trotzdem déi drëtt Kategorie virzegesinn. Den Haaptgrond, firwat d'Regierung dat net zrëckbehalen huet, ass folgenden: Déi drëtt Kategorie ass extrem flou. Et weess een nach net genau, wat iwwerhaapt drafällt. An dofir muss eng Zertifikationsagence geschaf ginn, déi sech emol de Savoir-faire uneegent, fir ze wëssen, wat drënnerfält a wat net drënnerfält.

Dir kënnt lech jo da virstellen, dass et fir e Land wéi Lëtzebuerg schwéier ass, esou eng Agence op d'Been ze setzen. Mir missten emol ganz vill Leit wahrscheinlech aus dem Ausland komme looslen. Dat huet jo och e Käschtepunkt. A wat mir géifen an der drëtter Kategorie zouloossen, géif wahrscheinlech mat enger Lupp gekuckt ginn, déi vill méi grouss war wéi bei anere Länner, wéinst eisem Passé.

Dofir hu mir dat net zrëckbehalen. Mä mir sinn awer net déi Eenzeg, déi dat net zrëckbehalen hunn. Den Här Mosar huet gesot, dass Irland an Holland dat gemaach hunn. Mä d'Veereenegt Kinnekräich an d'Belsch hunn et zum Beispill och net gemaach!

Dat heescht, mir si jo net grad déi Eenzeg, déi vun där Fakultéit kee Gebrauch gemaach hunn. Fir eis war méi wichteg, dass mer de Risiko limitéiert hunn a kredibel sinn a kredibel bleiwen.

An ech mengen, dass ech domat déi richtig Argumentatioun hei zu Dag bruecht hunn, dass et hei drëms geet, dass mer attraktiv bleiwen an Domänen, déi kristallkloer sinn, an eis net op eng Pente beginn, wou den Doute méiglech ass. Well ech garantéieren lech: Mir sinn um Radar vun den internationalen Agencen.

Den zweete Punkt, deen den Deputéierte Mosar opbruecht huet, ass, a welleche Länner baussent Lëtzebuerg ee ka Propriété intellectuelle geltend maachen. An do hu mir gutt observéiert, wat aner Länner gemaach hunn. Do sinn der vill, net all, déi hunn den Espace économique européen erausgesicht, an dat hu mir dann och gemaach. Dat heescht, et ass déi ganz EU plus dräi Länner, dat ass, wann een esou wëllt, eng „Prime“ à l'Union européenne. Dat si Länner, déi mer gutt kennen, wou mer och kënn verifiéieren, wou et licht ass, un Informatiounen ze kommen, an et ass ganz am Esprit vum Marché unique.

De Virschlag, deen hei vun der Opposition gemaach gëtt, fir alleguerten d'Länner eranzehuelen, mat deene mer en Accord de non double imposition hätten oder hunn, dat si ronn 80 Länner, hu mer net gemaach aus zwee Grënn: Dat Éischt ass, dass et do ganz vill Länner gëtt, wou et schwéier ass, un d'Informatiounen erunzekommen. An et muss ee jo dat kënn jugéieren, wat an deem anere Land als Recherche gemaach gëtt, fir ze kucken, ob dat d'Kritären erfëllt. An dat Zweet ass effektiv, dass do och kënnen Abuse geschéien.

Ech huelen dat Beispill, wat den Deputéierte Mosar hei genannt huet, vu Goodyear. Wa Goodyear 90% vun der Recherche hei zu Lëtzebuerg mécht an 10% an de Vereenegte Staaten, da ginn net déi 100% verluer, mä nëmmen déi 10% an Amerika gi verluer.

Mä kommt, mir kucken et emol ganz anescht! Ass et an eisem Interêt, fir hei en Déchet fiscal zu Lëtzebuerg ze hunn an d'Firmaen ze encouragéieren, hir Recherche an Amerika ze maachen, fir dann herno hir Steuerlaascht hei zu

Lëtzebuerg erfrozedrëcken? Ech mengen, op déi Fro kann ee ganz liicht äntworten!

Also anescht ausgedrëckt: Andeem mir dat net opmaachen op d'ganz Welt an och net op Amerika, schuede mir eisem Land net. Bien au contraire! Mir encouragéieren eng Firma wéi Goodyear oder DuPont oder anerer aus Amerika, déi hei ganz zefridde sinn an hei ganz wëllkomm sinn, hir Recherche hei zu Lëtzebuerg ze maachen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Den Deputéierte Fayot huet mer eng Fro gestallt, déi ganz berechtigt ass, iwwert d'Direktiv ACCIS, déi elo an zwee Deeler opgespléckt ass an an Diskussioun ass am Conseil. An op Englesch heescht déi Common Consolidated Corporate Tax Base.

Wéi déi virun zwee Joer presentéiert ginn ass vun der Kommissioun, hat ech expressement begreist, dass och do zwou Mesuren dra sinn, déi gutt si fir d'Innovatioun a fir den Investissement. An eng vun deenen zwou war justement e Genre Crédit d'impôt recherche. An ech hat am Numm vu Lëtzebuerg deemools gesot: „Déi Direktiv stellt eng ganz Rëtsch Schwierigkeiten an Defie fir Lëtzebuerg, mä mir wäerten do matschaffen. Mä ech begreissen ausdrëcklech, dass esou eng Mesure dran ass, Crédit d'impôt recherche, well dat brauch Europa.“

Ech muss lech awer soen, Här Fayot: Leider ass dat ganz vill ënner Beschoss komm, well ganz vill Länner dat net wëllen. Komescherweis, muss ech soen, gëtt et eng ganz Rëtsch Länner, déi hu justement esou e Crédit d'impôt recherche bei sech doheem, mä wëllen net, dass mer dat um Niveau européen generaliséieren. Wat jo beweist, wéi komesch déi Diskussioun do geet. Ech kann lech just versécheren, dass ech mech wäert am Numm vun der Lëtzebuerger Regierung asetzen, fir dass dat soll geschéien.

Nun, et ass schwéier moossen, ob mir elo mat deem heite Gesetzestext attraktiv genuch si par rapport zum Rescht vun der Welt a par rapport zu anere Länner. Mä mir hunn de Moment en Test grandeur nature vun der Attraktivitéit vu Lëtzebuerg am Kontext vum Brexit. An ech kann lech soen: Am Kontext vum Brexit gesi mir, dass Lëtzebuerg extrem attraktiv ass!

Ob dat ass am Domän vum Private Banking, wou eng Rëtsch amerikanesch Banken ënner anerem Lëtzebuerg gewielt hunn, fir sech hei ze verstärken an hei hire Centre de distribution ze maachen; wann ech d'Asset Manager kucken oder d'Private Equity Firms, déi hunn zu engem groussen Deel Lëtzebuerg erausgesicht; wann ech d'Assurancëgesellschaften kucken, déi hu bal all Lëtzebuerg gewielt; a wann ech d'FinTech-Gesellschaften kucken, vun deene mer der eng ganz Rëtsch am Luxembourg House of FinTech hunn, soen ech lech: Ech hu guer net d'Gefill, dass mir net méi attraktiv solle sinn. Well wa mer net méi attraktiv wären, géifen déi all net kommen.

Et ënnersträicht och, dass een op Lëtzebuerg kënnt net nëmme wéinst de Steieren. Gott sei Dank! Mir verteidege säit Joren d'Meenung, dass mer e gudden Ekosystem hunn, dass mer e stabelt Land sinn, Triple-A-Finzen an esou weider. An dat zitt anerer un.

Ech wëll och ënnersträichen, dass mer am Budgetgesetz vun 2017 eng Mesure dran haten, déi ganz gutt ass fir d'Recherche an den Investissement. Dat ass d'Méiglecheit, dass een elo e Crédit d'impôt zu Lëtzebuerg ka gebrauch fir Investissementen an d'IT, d'Technologie de l'information. Dat erlaabt den Entrepreneuren, méi Recherche ze maachen an dat gënschteg zu Lëtzebuerg vun hire Steieren ofzezéien.

Jo, et ass eis hei net drëms gaangen als Regierung, fir deen allerleschten Element auszeizen, deen et hei an dëser Direktiv gëtt. Mir wollten hei prudent a responsabel sinn.

An dat ass eis och gelongen, well mir hunn eise Gesetzestext och missen der OCDE an der Union européenne am Virus schécken, dat sinn an der OCDE de Forum sur les pratiques fiscales dommageables an an der Europäescher Unioun de Grupp „Code de conduite“. Do krute mer en A priori favorable. Et hant natierlech dovun of, wéi d'Gesetz gestëmmt gëtt. Et gëtt jo elo gestëmmt, sou wéi mir et proposéiert hunn, soudass et duerno ausgesäit, wéi wa mer do gréng Luucht kéinte kréien.

Ech wëll just do ënnersträichen, dass aner Länner, déi vill méi kéng waren, vun deenen zwou Institutiounen gesot kruten, dass hir Projet-de-loien, wéi se se virgeluecht hunn, net konform wieren.

Fir Lëtzebuerg a fir dës Regierung ass et net esou, dass mer sollen eng Attraktivitéit maachen à tout prix, eng Attraktivitéit op d'Käschte vun eiser Reputatioun. Eis Reputatioun, eisen Image ass eis immens wichteg. Et ass wahrscheinlech dat Wäertvollst, wat mer hunn. An dat wëlle mer net op d'Spill setzen.



Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Den Här Mosar huet d'Wuert.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Här Minister, Merci fir déi Äntwerten. Allerdéngs mengen ech, mir hunn eng Meenungsdivergenz, wat d'Interpretatioun ubelaangt.

Menges Wëssens - dat Beispill, wat ech do ginn hunn, vun deenen 90% hei an 10% an Amerika -, souwäit mir vu Spezialiste gesot ginn ass, sinn och déi 90% net méi eligibel. Dat heescht, datt do null kann ofgesat ginn. Ech huelen awer ganz gär zur Kenntnis, datt Dir do eng aner Interpretatioun doriwwer maacht.

Ech géif just froen, Här President, well et eng - mir sinn eis eens - fundamental wichteg Fro ass, datt een dat do nach eng Kéier nokuckt. Wann et näamlech esou ass, ewéi Dir sot, Här Minister, ass dat effektiv vill manner problemaresch. Or, wéi et mir explizéiert ginn ass - an ech mengen och, datt Äre Beamten dat an der Kommissioun erkläert huet, wéi ech et erkläert hunn -, fält guer näischt, kee Prozent méi ënnert d'Eligibilitéit. An dann hätt dat wierklech ganz negativ Konsequenzen.

Ech wëll och nach eng Kéier drun erënneren, datt deen Amendement och en zweeten Objet huet, op deen Der elo net agaange sidd. Deen ass awer och wichteg. Ech hu vläicht och a menger Interventioun net genuch dorobber insistéiert. Duerfir erlaabt mer, dat dann nach eng Kéier ze maachen!

Dat sinn och déi Recherchen, déi hei zu Lëtzebuerg integral vun engem Grupp gemaach ginn, deen awer verschidde Societéiten huet. Kommt, mir huelen elo einfach ArcelorMittal! ArcelorMittal, déi hu verschidde Societéiten. Do gëtt an enger Societéit eng Recherche gemaach. Et stellt sech awer eraus, datt déi Recherche fir dee Grupp a fir déi Societéit net interessant ass, déi cedéieren dat eriwuer op eng aner Lëtzeburger Gesellschaft. Da sinn déi Depensen, déi do gemaach gi sinn, net méi eligibel, wat also och e reelle Problem duerstellt.

An duerfir wär ech frou, Här Minister, well et awer hei ëm ganz, ganz wichteg Punkte geet, wann Der vläicht dat doten nach eng Kéier am Detail géift nokucken a mir vläicht da schrëftlech och nach eng Kéier déi Äntwert dorobber kéint ginn.

Ech soen lech schonn am Virfeld e grouse Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Jo, ech mengen, dat si ganz wichteg Froen. Dat muss nogekuckt ginn, wat d'Portéeë vun där enger oder anerer Hypothees sinn. An ech maachen dat ganz gären, well hei geet et ëm d'Land, et geet ëm d'Attraktivitéit vun eise Land an en parallèle ëm de Respekt vun deenen neie Regeln, international gesinn. A mir sollen d'Portéeën da kucken.

Ech hunn net a menger Ried gesot, mä ech deelen dat, dass mer jo all Interêt hunn, an deem Joer an am nächste Joer ze observéieren, wéi aner Länner mat där drëtter Kategorie ëmginn, wat da wierklech drënnerfält a wat net drënnerfält. Well och dorop gëtt et Debatten. Ech hunn dat net gesot. Ech hat et a mengen Notten, ech wollt net ze laang sinn.

De Savoir-faire, do gëtt et Schoulen, déi mengen, dass dat an déi éischt Kategorie fält, an et gëtt anerer, déi mengen, dat géif an déi drëtt falen. Ech kennen d'Äntwert net. Dat kënne mer nëmme mat der Pratique kucken. An dofir mengen ech, dass mer op där Saach hei sollen den Dialog behalen, och iwwert d'Commission des Finances. Dat ass deen effikassste Wee. An da kënne mer all déi Sujete weider suivéieren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci.

Amendements

Ier mer dann elo iwwert de Projet de loi ofstëmmen, si mer mat zwee Amendemente saiséiert, déi vun de Kollegee vun der CSV abruecht gi sinn. Ech ginn dovun aus, dass se am Detail explizéiert sinn. Wëllt nach ee Stellung dozou bezéien?

► **Une voix.**- Neen, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Dat ass net de Fall. Da géife mer zur Ofstëmmung iwwert den Amendement 1, dee beim Punkt 1 vum Paragraf 1 vum Artikel 1 e Punkt c) wëllt derbäisetzen, iwwergoen. Wie mat deem Amendement d'accord ass, stëmmt mat Jo, a wien net domat d'accord ass, mat Neen.

Vote sur l'amendement 1

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo um Enn.

26-mol Jo, 34-mol Neen: Domat ass deen éischten Amendement ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Laurent Mosar), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Deen zweeten Amendement kënnt och vun der CSV-Fraktioun an huet als Objet, de Punkt 3 vum Paragraf 1 vum éischten Artikel ofzeännere. Wien domat d'accord ass, stëmmt mat Jo.

Vote sur l'amendement 2

D'Ofstëmmung fänkt un. Déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo gläich eriwuer.

26-mol Jo, 34-mol Neen: Domat ass deen zweeten Amendement och ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Laurent Mosar), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

A mir géifen elo zur Ofstëmmung iwwert den Ensembel vum Projet de loi 7163 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7163 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An och hei ass elo d'Ofstëmmung ofgeschloss.

(Interruptions diverses)

Hutt Der lech geiert?

► **Une voix.**- Jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Dat ass kee Problem, mir rektifiéieren dat.

36-mol Jo..., dann ass et 35-mol Jo, 2-mol Neen an 23 Abstentiounen. Ass dat esou?

(Assentiment)

Voilà. Merci. Dann hu mer d'Rektifikatioun direkt gemaach. An domat ass de Projet de loi 7163 adoptéiert mat 35 Jo-Stëmmen, géint 2 Nee-Stëmmen an 23 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM.

Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Dann ass och dat esou decidéiert.

Mir géifen dann zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 7226, engem Duebelbesteierungsofkommes tëschent Lëtzebuerg an Zypern. An d'Wuert huet elo erëm d'Madamm Rapportrice Joëlle Elvinger.

5. 7226 - Projet de loi portant approbation de la "Convention between the Grand Duchy of Luxembourg and the Republic of Cyprus for the elimination of double taxation with respect to taxes on income and on capital and the prevention of tax evasion and avoidance", faite à Nicosie, le 8 mai 2017

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **Mme Joëlle Elvinger** (DP), rapportrice.- Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, de Gesetzesprojet 7226 gouf den 20. Dezember 2017 an der Chamber deposéiert. Mat deem Gesetzesprojet gëtt haut en Duebelbesteierungsofkommes vun der Chamber approvéeiert, dat de Finanzminister Pierre Gramegna den 8. Mee 2017 zu Nikosia mat sengem zyproteschen Homolog ënnerschriwwen huet.

Dës Konventioun huet als Haaptuleies, eng Duebelbesteierung vun deenen Akteuren, déi wirtschaftlech an deenen zwee Länner aktiv sinn, ze verhënneren. Esou Ofkommes sinn onverzichtbar fir eng Verdéiung vun de wirtschaftleche Bezéiungen tëschent zwee Länner duerch den Austausch vu Wueren an Déngschtleeschungen an der fräier Zirkulatioun vu Kapital, Technologien a Persounen.

Lëtzebuerg huet effektiv och scho mat allen anere 26 EU-Memberstaten esou eng Konventioun. An elo mat Zypern ass d'Lëscht dann och komplett vun allen EU-Länner. Mir kommen dann op en Total vun 81 Duebelbesteierungsofkommissen, déi Lëtzebuerg entre-temps ënnerschriwwen huet an déi en vigueur sinn.

Här President, ech wëll awer nach betounen, dass dës Konventioun alle Standarde vun der OECD entsprécht a besonnesch de Richtlinne vum BEPS, och wann Zypern u sech net Member vun der OECD ass.

De Statsrot huet a sengem Avis vum 30. Januar gréng Luucht gi fir dese Projet.

Här President, ech bräicht am Fong geholl just nach Merci ze soe fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der DP-Fraktioun zu deem Projet de loi.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Dann huet d'Wuert elo den Här Laurent Mosar.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo, Merci och nach eng Kéier där exzellenter Rapportrice fir hire kloren an detailléierte Rapport. Mir wäerten och eis Zoustëmmung zu deem Projet ginn.

Ech wollt awer profitéieren vun der Geleeënheet, Här President, fir de Minister ze froen, mat wat fir engen Duebelbesteierungsofkommes mer nach an deenen nächste Woche wäerte sai-

séiert ginn. Ech mengen, dat ass interessant. Mir hu jo och do den MLI, dee Multilateral Instrument, wou Lëtzebuerg eng Rei vu Reserve gemaach hat. An dorobberhin, mengen ech, wäerten nach eng Rei vun esou Duebelbesteierungsofkommissen op de Leescht geholl ginn.

Duerfir meng Fro: Ech wär frou, wann de Minister eis e bësselche kéint soen, wat eis do nach an den nächste Wochen a Méint erwaart. Mir gëtt notamment gesot, datt Kanada geschwé fälleg wär.

Ech wollt och profitéieren a froen: Wou si mer dru mam Duebelbesteierungsofkommes mat de Vereenegte Staten?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Mosar. An d'Wuert huet elo den Här Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Merci, Här President. Och vun eis e Merci un d'Rapportrice fir e gudde Rapport an den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu deem Projet de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Den Här Eugène Berger ass... Jo.

► **M. Eugène Berger** (DP).- Jo. Merci, Här President. Neen, ech hat gemengt, dat war emol esou an der Kommissioun annoncéiert ginn,...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- ...et géif méi Diskussioun ginn.

► **M. Eugène Berger** (DP).- ...et géife méi Diskussioun ginn iwwert d'Prozeduren.

(Hilarité et brouhaha)

Den Här Mosar iwwerrascht mech haut all hallef Stonn eng Kéier. Neen, duerfir war ech préparéiert, fir eventuell dorobber ze äntworten oder Stellung ze huelen. Mä vu datt dat net de Fall ass a sech dann d'Woge geglätt hunn, schéngt es, da brauch ech och do net weider drop anzegoen.

Ech wëll awer och nach eng Kéier vun der Geleeënheet profitéieren, fir der Rapportrice Merci ze soe fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport. An den Accord ass scho gi vun der Fraktioun.

(Brouhaha général)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Reding.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Ech mengen, den Här Kox wollt nach eppes soen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ah, sorry. Et ass net schlëmm. Also, vu dass mer alleguer d'accord sinn, hätt et och elo kee Wäert, wa mer... Voilà.

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- Merci, Här President. Ech wëll awer dovun profitéieren, der Rapportrice och Merci ze soe vun der grénger Fraktioun a gläichzäiteg den Accord och ze bréngen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ma villmools Merci. An ech ginn dovun aus, dass den Här Reding elo datselwecht seet.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Net nëmme dat, Här President, mir freeën eis iwwer all weidert Antiduebelbesteierungsofkommes, well dorëmer geet et. Et geet jo net ëm eng Duebelbesteierung, mä ëm eng Antiduebelbestimmungsmesure; där kënne mer der guer net genuch hunn. Mat der Halschent vun de Länner hu mer nach keng. An duerfir schlëssen ech mech der Fro vum Kolleg Laurent Mosar ganz gären un, wat fir eng weider an der Pipeline sinn. An natierlech bréngen ech den Accord vun der ADR zu deem Projet.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Dann den Här Wagner.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Merci, Här President. Neen, ze vill Harmonie ass och net gutt. Ech mengen, do muss e bësse méi dergéint geschwat ginn.

► **Plusieurs voix.**- Aah!

(Hilarité)

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Ech wollt lech just erklären an zwee Sätz, datt mer géint dese Projet de loi wäerte stëmmen,...

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- ...wéinst dëser awer relativ staarker Baisse vun der Besteuerung vun de Benefisser op d'Dividenden, déi vu 15% op 5%, voire bis op 0% kann erofgoe fir Societéiten, déi wéinstens 10% vum Kapital hu vun der Societéit, déi dann d'Dividenden ausdeelt. Fir eis ass dat awer eng substanzuell Baisse vun der Kapitalbesteuerung, wou mer ganz skeptesch sinn.